



UNIO'N

vun de Lëtzebuerger Resistenzorganisatiounen

D'AKTIVITÉIT VUN DER UNIO'N 1944-1994



E kuurze Bilan vu 50 Joer Asaz fir d'Hemecht an de Fridden

Den 23. Mäerz 1944 hun L.R.L. (Lëtzebuerger Roude Léiw), L.V.L. (Lëtzebuerger Vollékslegioun), L.P.L. (Lëtzebuerger Patriote Liga) an L.F.B. (Lëtzebuerger Fräiheetsbond) sech an der Unio'n vun de Lëtzebuerger Fräiheetsorganisatiounen – spéider Resistenzorganisatiounen – zesumme geschloss, mam F. Schammel als Président an L. Dury als Vizeprésident.

D'Schaffe vun dése Mouvementer, déi aus taktesche Grénn hir Autonomie dun nach behal hun, as nach méi straff coordinéiert an zentral dirigéiert gin.

No der Landung vun den Alliéierten an der Normandie, den 19.6.1944, as decidéiert gin, bei der Libératioun, wann d'Regirung nüt do wir, d'Verantwortung fir d'Weiderfonktionéiere vum öffentleche Liewen ze iwwerhuelen. Eng Miliz sollt fir Rou an Uerdnung suergen. Hélfel haten all Lëtzebuerger ze kréien, déi énnert dem preisesche Regime ze leiden haten, d'Verréider eng gerecht Bestrofung an d'Land vun allem Preiseschen gerengtzt ze gin. Fest an trei sollt zesumme gestan gin, fir e fráit a glécklecht Lëtzebuerg opzebauen.

Alles as bis an den Detail geplangt gin. Instruktiounen, wéi virzegoe wir, haten zur Zäit all Cheffen.

Den R. Hagen, éischte Sekretär am Zentralcomité, huet d'Situatioun no der Libératioun, an engem Rapport de 4.10.1944, dee publiziéiert gi war, esou resuméiert:

Am önneren Opbau önnerschéde mer teschten

1. engem Aktiounscréité (Nationalrot vun der Resistenz) vu 7 resp. 9 Mann, engem Zentralcomité vun, pro fre'er Organisatio'n, je 4 resp. 5 Mann, an den Haptversammlungen.

Nom Krich wielen de' énzel Distrikten hir Delege'erteren an den ZC, an dén erem wiélt oder bestömmmt sein Aktiounscréité. De Präsident get gewiélt; de' aner Char gen verdélt den AC enert sech no de Kapazite'ten. – Praktesch sin och elo schon all Distrikten am Aktiounscréité vertrueden, nodém och den Distrikt Minett sei Vertriéder gestallt huet.

Iwer dat wat d'Resistenz vrum 10.9. geléscht huet, brauch ech wuel keng Wirder ze verle'eren. Datt mer iwerhapt eso' do stin an ons durchsetzen, ass de beschte Beweis derfir, datt d'Vollek matt ons ass, well hat am beschte wéss, wat et ons ze verdanken huet.

Nom 10.9. si mer erausgetratt a mer hun, mat fröschem Mutt zesumme matt den Alliéerten de pouvoir geholl, dén op der Strôss lo'g.

Ons ass et ze verdanken, datt alles eso' glat erof go'ng de' e'scht Dég nom 10.9.

A we' du ere'scht, a we' et ne'erges me' gebrannt huet, lues a lues aus alle Meislächer de' erem erausgekroch ko'men, de' sech de' ve'er Joer lang net gewisen hun, we' mir de Kapp durgehalen hun, du go'ngen d'Schwiregkéten un.

Vun engem Majo'er zum aner, vun enger Kommissio'n zur aner, a wa mer ferdeg woren, neischt errécht.

Du ko'm dann ons Regirong eröm, a mer hun hir ons Mattarbecht brav an e'erlech ugedroen. Si huet ons zo'gesechert, datt si zesumme matt ons schaffe wollt, a mir hun errécht, datt d'Unio'n an de' sämtlech Kommissio'n Vertrieeder scheckt, de' offiziell ernannt gin. Domatt hu mer praktesch d'Me'glechkét, ons Furderungen durchzebrengen. Mir hu weider errécht, datt all Member vun der NSDAP direkt festzehuelen ass.

Mir hun och errécht datt wién an der Miliz resp. an der Unio'n ass, de' de Moment dem Staat Arbecht mecht, bis op weideres vu sengem fre'er Dëngscht freigestallt ass, an dén en erem iwerhuele kann, wann en ofkömmlech ass.

Fir d'Verbindong matt den Amerikaner stänneg ze hun, hu mer bei hinnen e Büro agericht.

Iwer d'Fro vun der Miliz komme mer nach ze schwätzen. Si get reorganiséert a militäresch opgezun. Domatt iwerhöllt de Staat d'Konsequenzen.

D'Unio'n get eng égen Zeidong eraus op letzeburgesch. Durnieft huet si et iwerholl „D'Hemecht“ erauszezin, vun dèr schon 2 Nummere virleien.

Mer sin also haut als Unio'n, als national Unio'n e Faktor, dén net me' auszeschalten ass, trotzdem et versicht go'f an nach stänneg versicht get. Mir si jo do fir ons ze wiren, no baussen an no bannen.

Fir ons nach besser durchzesetzen, ass et onömgänglich, datt mir, we' et an anere Länner och ass, a Belgien an a Frankreich, un der Regirong délhuelen als Resistenz. Ere'scht dann hu mer d'Garantie, onse Programm verwirklechen ze können.

Am September 1944 hun d'Unio'n geleed:

Actiounscomité: F. Schammel, President, L. Dury, R. Hagen, J. Lutgen, J. Maroldt, J.-P. Nicolay, J.-P. Schommer, M. Schrobiltgen.

Zentralcomité: F. Schammel, President, L. Dury, J. Goerens, P. Greisch, R. Hagen, A. Kongs, G. Lamby, J.-P. Lenertz, J. Lutgen, J. Maroldt, A. Meyers, J.-P. Nicolay, A. Osch, J.-P. Penning, A. Raths, G. Rawenel, J.-P. Schommer, M. Schrobiltgen, T. Steiwer.

Den Haaptquartéier vun der Unio'n war den 10.9.1944, eng Woch laang, an der Märei an der Stad, duerno am Hotel Entringer, a vu Mëtt Dezember un, mat Hëlfel vun den Amerikaner, um Nr. 7 vun der Josephstrooss.

Eng béis Nouvelle krut den Zentralcomité den 17.9.1944: den L. Dury an den A. Kongs, déi mam F. Frank, deen um Steier vun hirem Auto souz, énnerwee op Klierf ware fir e Lokalproblem hëllefen ze léisen, waren op der Héicht vun Housen an d'Gräpp vun engem preiseschen „SS-Spähtrupp“ gefall. Mat en etlech amerikaneschen Zaldoten, déi och vun deem Trupp gefaang gi waren, sin si an Däitschland verschleefht gin.

Niewt de Mouvementer vum 23.3.1944 waren och d'Lëtzebuerger Fräiheetsbewegung (L.F.B.), d'Lëtzebuerger Fräiheetskämpfer (L.F.K.), d'ALWERAJE (Initiale vun de Virnimm vun de Grënner) an d'Patriotes Indépendants (PI-Men) aktiv géint den Énnerdrécker engagéiert gewiescht.

Gläich no der Liberatioun hu si mat der Unio'n zesummegeschafft, fir dem Land op d'Been ze hëllefen.

D'NON-VDB (Lëtzebuerger, déi refuséiert haten an d'VDB ze goen) an A.L.G.B. (Associatioun vun de Lëtzebuerger a Groussbritannien) ware wärend annerhalwem Joer mat vun der Parti.

Der A.L.E.F. (Aktiv Lëtzebuerger Eenheetsfront géint de Faschismus), déi am Krich nüt bekannt war an de Resistenzkreeser, as réischt zougestan gin sech un den Aarbechte vun der Unio'n ze associéieren, nodeems vun do aus verséchert gi war, nüt parteiafhängig ze sin. (No 1946 gouf et keng Kontakter méi mat dësem Grupp, deen als Resistenzmouvement nüt unerkannt gi war. D'ALEF kann deemno nüt als sollech zitéiert gin, och nüt énner dem Numm „Kommunistesch Partei – ALEF“, wéi et fälschlecherweis geleentlech geschitt as.)

D'Unio'n konnt an de schwéiere Méint no der Liberatioun op d'Mataarbecht ziele vun der L.P.P.D., der Lëtzebuerger Liga vun de Politesche Prisonnéier an

Deportéierten, déi Enn dës Joers gegrënnt gi war, wéi vun de Maquisaren an Ons Jongen.

(1960 huet d'U.P.A.F.I.L. (Union Nationale des Passeurs et Filiéristes Luxembourgeois) sech als autonom Organisatioun constituéiert. Si as ervirgaang aus der Unio'n, deer hir Kontakter mat der franséischer U.N.A.P.E.F. (Union Nationale des Passeurs et Filiéristes Bénévoles) 1959 Leit aus der Unio'n derzou geféiert hun, eng Lëtzebuerger Sektion vun dësem franséische Gruppement an d'Liewen ze ruffen.)

(1990 as d'Amicale Ungeheuer op de Plang getratt. Dëse Veräin as nüt an d'Konferenz vun der Resistenzorganisatiounen an Amicalen opgeholl gin, well keng direkt Wuurzele mat der Resistenz géint den Énnerdrécker do sin. D'Refraktärskaart, déi vun do aus, entgéint de Reglementatiounen iwwer d'Okkupatiounszäit, verdeelt gët, as e reng Privatdokument).

Am Zentralcomité, dee gefrot hat, grad wéi d'Resistenz an denen anere Länner, fir un der Regirung bedeelegt ze gin, as émmer méi e Remaniement, jo, esouguer eng nei Regirung gefuerdert gin, an deer niewt der Resistenz all Schichte vun der Population vertratt wiren.

D'Relatiounen mat der Regirung ware mat Momenter ganz gespaant.

Schaarf kritiséiert huet d'Unio'n déi krass Absenz vun Interesse vu Säite vun der Regirung, fir d'Lëtzebuerger, déi an Däitschland verschleeft gi waren, séier heemzehuelen. D'Patrioten, déi d'Hell vum KZ Buchenwald iwwerlieft haten, as d'Unio'n selwer siche gaang, géint de Wëlle vun der Regirung a mat der Hëlfel vun der Stad Lëtzebuerg.

D'Unio'n war an der Assemblée Consultative vun 1945 vertratt, Leit aus hire Reie si Minister, Deputéiert gin. Eng Zäit virdrun hat si Kontakter a Reuniounen mat der Chrëschtlech-Sozialer Partei, der Sozialistescher Aarbechterpartei, der Kommunistescher Partei, de Chrëschtleche Gewerkschaften, de Fräie Gewerkschaften, dem Eisebunner-Verband, der Péitenger Eisebunner-Unioun an dem Privatbeamte-Verband gehat, fir déi fir d'Approche vun der Unio'n zu den nationale Problemer a fir en eventuelle politeschen National-Conseil ze interesséieren. D'L.P.P.D., d'Maquisaren an Ons Jongen hun un dene Gespréicher och deelgeholl.

D'Politik, an deer d'Unio'n sech verflicht gefillt hat matzebestëmmen, huet si, no etlecher Zäit, si gelooss.

D'Groussherzogin Charlotte war de 14. Abrëll 1945 erëm heemkomm. „Et war wéi wann den Himmel sech mat gefreet hätt, e war esou schéi blo an d'Sonn huet warem geschéngt“, hat e Resistenzler an enger Zeitung geschriwwen.

Den 8. Mee 1945 louch Nazidäitschland um Buedem. „Léif Lëtzebuerger! De groussen Dag, op deen d'ganz civiliséiert Welt méi ewéi 5 Joer gewaart huet, as endlech do! Däitschland huet bedingungslos kapituléiert, an de Krich an Europa as äus. Mir llen alleguer, wat deen Dag fir d'Mënschheet bedeit. E Sieg vun de Preise wär eng Katastroph gewiescht, an deer d'selbstännegt Liewen vun alle klénge Länner zou Grond gaange wär. D'Lëtze-

buerger Hemecht wär haut vun der Landkaart verschwonnen. Millioune vu Mënsche wären an d'Sklaverei geroden an hätten alles verluer, wat d'Schéinheet an d'Gléck vum Liewen äusmécht. No deem, wat mir an deene 5 Joer duurchliewt a gelidden hun, spire mir et besser wéi je, wat d'Fräiheit an Mënscherechter ons wäert sin“, waren d'Ufankswirlder vum Message vun der Groussherzogin Charlotte, den 9.5.1945. Si huet och un d'Lëtzebuerger geduecht, déi nach an der Friemt verschleeft waren. „Mir gréissen si haut aus ganzem Härz a wäerten nüt rouen an nüt raschten, bis si all bei ons sin, an d'Lëtzebuerger Familljen erëm komplett as.“ Un d'Rundstedtoffensiv huet si erënnert: „De Feind huet am Land vill Ruinen hannerlooss, moralesch a materiell Ruinen. Eréischt wann déi besäigte sin, as de Sieg perfekt. Ech fanne keng Wirder, fir méng Bewonnerung auszedrécken fir dat, wat ech an onsen zerstéierte Stied an Dierfer erliewt hun. Ons lëtzebuerger Familljen, déi am Krich alles verluer hun, fanne bäßi de Ruinen an op de Griewer de Courage fir Hand un d'Werk ze léen, an der Iwwerzeegong, datt se duurch hiirt eegent Leed zur Rettung vun der Hemecht bäägedroen hun. Et as mir richteg zu Härze gaang, wéi d'Aarbechter vum Kanton Esch mir verseichert hun, si géngen all hir Krafft fir den Ophäu vun den zerstéierten Dierfer asetzen. Dat as echt lëtzebuerger Solidaritéit!“

D'Unio'n hat der Regirung ze wësse gedo, wéi si d'Rekonstriouen gäer geséich: „Den Ophäu vun den zerstéierte Gebidder as eng Saach vum ganze Vollek. Hie muss energesch, rationell an esou schnell wéi méiglech, énner méiglechster Äusschaltung vun de privaten Interessen duurchgeföhrt gin. Fir d'Käschten vun der Rekonstriouen gin erugezun an éischter Linn de Preiss, d'Feind- a Verréiderverméigen an de Krichsgewënn.“

Hir Usiichten iwwer Epuratioun, Sequester, Internement, Rapatriement, Krichsverbriechen, Liewensmëttelpräisser huet d'Unio'n an d'Regirungskommisziounen materab्रeucht, wou si Delegéierten hat.

De 17. November 1944 hat d'Unio'n schon eng Kommissioun op d'Bea gesat fir d'Beaerbechtung vu politeschen a wirtschaftleche Froen, déi vum Professer Pierre Frieden presidéiert gouf. De 27. vum selwechte Mount war de Professer Paul Henckes vun hir mat der Ausaerbechtung vun der Lëtzebuerger Schrifweis charéiert gin.

D'Regirung, d'Amerikaner, mat denen et och Divergenze gouf, d'Stad Lëtzebuerg, Gemengen aus dem ganze Land sin un d'Unio'n erugetratt, fir déi eng oder déi aner Hëllef.

Eng grouss Freed war et fir d'Unio'n, wéi de Prënz Felix d'Éiereprésidentschaft iwwerholl huet. Aktiv huet hien sech un der Aarbecht vum Zentralcomité matbedeelegt.

Den 9. Mee 1945 war an der Stad den Défilé vun der Victoire, op deen d'Unio'n als Organisator invitéeiert hat. Déi eng hu vun 12 000, déi aner vu 15 000, souguer vun 20 000 as geschwat gin, déi do matmarschéiert sin, Unionisten, Kazettler, Deportéierter, Maquisaren, Ons Jongen, d'Medercher aus de Lyceën, déi keng „Gewähr“ gebueden hun asw., d'Militärmusek, d'Gardekompanie, d'Mission Militaire, en Air-Force-Deta-

gement, eng amerikanesch Militärmusek, Museksgesellschaften aus dem ganze Land, Scouten a Guiden. Um Balcon stong d'ganz groussherzoglech Familljen mam Colonel Frazer an e puer amerikanesche Generael, wéi de laange Cortège laantscht gaang as, an op der Éierentribün um Knuedeler d'Diplomaten, d'Regirung, d'Konsultative, héich alliéiert Offizier, de Buurgemeeschter mat de Scheffen an de Conseljen vun der Stad asw. D'Press war agreabel iwwerrascht vun der tadelouser Uerdnung an der Disziplin vum Cortège vun der Unio'n. Nëmme Luef gouf et fir d'Unio'n. Dat besonnesch awer, well gefaart gi war, dëse patriotischen Émzuch kënnt zu enger Anti-Regirung-Manifestatioun ausaarten, wéi d'Kommunisten et gäer gehat hätten. En Triumphzuch war et an den Ae vun der Press gewiescht.

Zéng Méint duerno, den 9. Mäerz 1946, huet d'Land séng Helden heemgeholl, déi den Nazipreiss an Däitschland gemuerd hat.

„Durch hiren Do'd liewt Lëtzebuerg“, stong a grousse Buschtawen op der éischter Säit vun „d'Unio'n“, der Zeitung vun der Unio'n, déi vun Oktober 1944 bis 1948 erauskoum. „Mir hun no hire Läiche gesicht, mir hun se fond, an haut féiere mer se iwwert d'Wée vun hirem Calvaire zréck an d'fräit Lëtzebuerg. Et as kee freedege Cortège, deen sech bäßi de verfalenen Iwwerreschter vum SS-Sonderlager Hinzert forméiert: e puer Autoen, wou d'Frënn aus der Resistenz an d'Komeroden aus de KZ-er dra Plaz geholl hun. Zwéin Autoe mat héige franséische Militärautoritéiten, an 11 grouss Armélastween, op deenen d'Lueder mat de Reschter vun onsen Doudegen énnert den Nationalfuerwen opgeboërt sin. Esou geet et iwwert d'Koppen an d'Däller, geféiert vun lëtzebuerger a franséischer MP op Motorieder. D'Preise musse stoe bleiwen an den Hutt zéie virun deenen, déi si an hir Bridder an den Doud gedriwwen hun. . . . Si doen et nüt gäer, fir stéll ze stoen, an dee fanatesche Bléck, deen ons entgéintgrinst, gët ons hir hannerhälte Verbrueheet ze verstoen

A wiürdeger Trauer emfänkt Lëtzebuerg séng Märtyrer. Lues, ganz lues geet de Cortège iwwert d'Muselbréck, duurch de Spaléier vu franséischen Zaldoten, déiweil d'Kläng vun der „Hemecht“ iwwer d'zerschossene Mauerens ewech deenen Doudegen entgéintkräischen . . . D'Vetrieider vun der Regirung, d'Gemengenautoritéiten an d'Resistenzgruppe sti bäßi der Bréck (zu Waasserbëlleeg) bereed, an d'geeschtlech Häre gin de kiirchliche Segen. Da geet et weider. An all Duerf, dat mer passéieren, stin d'Kanner an d'Leit um Bord vun der Strooss, d'Fuendele bécken sech, an d'Duerfklaack wéimert halen . . . Virun der Stad begréissen d'Gemengenvertrieider den Trauerzuch a geleeden en énnert dem dompe Klank vum Bourdon duurch mënscheniwwerfällt Stroosse virun den Cercel. D'Musek vun der Compagnie de Garde spilt Trauermelodien, d'Zaldote presentéieren, an d'Camione fueren een nom aneren vir. D'KZ-Komeroden, an de gesträiften Uniformen, droen d'Lueden an den Cercel. Hei fillen se sech nees all vereenegt wéi an der Gefaangeschaافت, de Professer niewt dem Aarbechter, de Magistrat niewt dem Bauer, de Student niewt dem Handwierksgesell.

Op der Place d'Armes sin d'Caféen zou an äus kengem Haus kléngt freedeg Musek oder d'bont Dreiwe vun engem Friddenssamschtegawend. Déi weid Plaz as doudestéll. An dach stin méi wéi dausend Mënschen drop, Bürger äus der Stad a Vertrieber äus villen aneren Uertschaafte vum Land. An enger laanger, laanger Schlaang, vu 4 oder 5 Leit breed, sti si vum Cercel iwver d'ganz Place d'Armes, duurch d'Monterey-Avenue bis bai d'Postgebei a waarde stonnelaang, bis d'Rei u si kënnt fir den doudegen Helden eng lescht Eier ze erweisen. Vun 8 Auer owes u rässt dës Schlaang net of bis wäit no Hallefnecht, wou der schon 18 000 passéiert sin. D'ganz Nuecht duurch kommen èmmer nach Leit. Mann a Fra a Kand waarden zesummen, d'Uerdenschwëster an d'Geeschlech niewent dem Fräidenker, den Aarbechter niewent dem Beamten, den Aarmen niewent dem Räichen: eng ganz Stad defiléiert a stëller Trauer a grousser Ergraffenheet. Méi ewéi all Ceremonie, méi ewéi all Rieden ausdrécke kënnten, beweist dësen Défilé, datt ons Helden nüt vergiess sin, datt hiirt Affer vun de Lëtzebuerger verstan gin as a vun enger ganzer Population gewiirdeg gët . . .

D'Begriewnes um Kiirfecht vu Notre-Dame war eng imposant Manifestatioun, déi wéi all aner Feieren einfach awer wiirdeg verlaf as.“

De 14.4.1946 huet den Delegéierte Kongress vun der Unio'n den A. Osch, Matgrënner 1940 vum L.F.B., zum President gewielt. (Dës Charges as 1994 nach èmmer séng). Der Union Internationale de la Résistance, wou d'Unio'n den 9.2.1946 Matgrënner war, huet hien dëse Rapport geschéckt:

A l'aube du 10 mai 1940, l'Allemagne envahit notre pays. Dès le lendemain la résistance s'organisa.

C'est au début du mois d'août 1940 que se manifesta dans les différents coins du pays la volonté d'opposition à la politique Nazi et que naquirent des groupes isolés de résistants, qui, aux moments critiques, collaboraient intimement ensemble. Mais ce ne fut qu'au mois de mars 1944, c'est-à-dire quelques mois avant la libération, et à la demande expresse de notre vénérée Grande-Duchesse, que les principaux mouvements – L.P.L., L.V.L., L.F.B. et L.R.L. – se réunirent en une fédération «l'Union des Mouvements de Résistance Luxembourgeois». Après la Libération, le groupe L.F.K. dont les dirigeants s'étaient trouvés dans les geôles teutonnes, adhéra également à notre Union.

L'évolution de la résistance quelque peu retardée au début, s'est fortement accélérée au moment où l'occupant a décrété l'enrôlement forcé de la jeunesse luxembourgeoise dans son armée. Cette provocation développa, dans des proportions considérables, le degré de résistance du pays.

Les tâches assignées à la résistance étaient nombreuses et d'ordre fort divers: rassembler les renseignements, faire de la propagande nationale par des écrits clandestins, recueillir les aviateurs alliés qui nous tombaient du ciel, cacher les réfractaires et les prisonniers de guerre évadés, saboter de près ou de loin tout ce qui servait aux fins de l'ennemi et résister à la force par la force.

Autant d'actions qui, prises individuellement, eurent un effet limité, au point que d'aucuns ne voulaient en reconnaître la réelle valeur. Mais dans leur ensemble, elles formaient la mosaïque de la résistance victorieuse et contribuaient pour une bonne part à la ruine nazie.

Certains patriotes prirent le chemin des pays inocupés pour gagner ensuite l'Angleterre. D'autres restèrent au pays. Ce n'étaient pas les moins héroïques, car ils étaient conscients du sort qui les attendait en cas de capture.

Le métier était en effet dur et dangereux et l'ennemi implacable. La Gestapo n'était pas une légende, ni la torture un mythe. Nous avions quotidiennement sous les yeux des exemples qui inspiraient l'effroi et la terreur. Mais pour que le pays fût grand aux yeux des alliés, ceux de la résistance ne reculaient devant aucun obstacle et assumaient tous les risques.

Il est indéniable, que c'est grâce aux mots d'ordre de la résistance qu'échoua, en octobre 1941, le référendum organisé par les Allemands en vue de l'annexion au Reich.

Les différents mouvements de grève et notamment ceux déclenchés en septembre 1942, à Wiltz et à Schiffange, furent également l'œuvre de la résistance luxembourgeoise. Elle paya d'ailleurs cette réussite avec le sang des meilleurs de ses membres.

Des rapports étaient régulièrement transmis au Gouvernement luxembourgeois à Londres, pour les mettre au courant de la situation économique et financière du pays, de l'état sanitaire et social de la population, de l'évolution de l'enseignement, de la justice, etc.

S'il ne semble pas nécessaire de parler ici du service des renseignements d'ordre militaire, il s'impose par contre de relever une des tâches les plus remarquables dont peut se réclamer avec orgueil la résistance luxembourgeoise: l'organisation de l'aide aux réfractaires. Grâce aux efforts de la résistance, travaillant en contact étroit avec l'armée blanche et les F.F.I., environ 2.700 jeunes gens purent échapper au service militaire. Ils furent cachés, logés, nourris, habillés et munis de faux papiers, par des services spécialement organisés à cette fin. Chose curieuse, les faux papiers d'identité étaient établis dans le bureau du chef de la police allemande et c'est sur le stock de papier volé par les Allemands que les patriotes luxembourgeois «récupéraient» le papier nécessaire aux tracts de leur propagande.

La résistance était un devoir. Il fallait agir parce que notre aversion d'abord, une impérieuse nécessité ensuite, le commandaient. Il fallait démasquer les traîtres, décourager et intimider les collaborateurs, il fallait ébranler l'occupant nazi dans la certitude de son triomphe et de sa supériorité, il fallait mettre à l'abri les compatriotes en péril.

Qui donc ose dire que la résistance fut une plaisanterie?

J'en appelle à tous mes camarades qui ont collaboré à l'édition et à la diffusion de la presse clandestine, qui ont groupé et hébergé les réfractaires, qui ont guidé les prisonniers évadés, logé des parachutistes, organisé l'aide à nos déportés, aux israélites . . .

J'en appelle au souvenir de tous ceux qui ne sont pas revenus parce qu'ils sont morts, décapités, pendus ou asphyxiés et dont les corps meurtris furent enterrés dans les charniers des camps allemands . . .

J'en appelle à tous ceux qui créèrent lentement, patiemment, dans nos villes et dans nos villages, cette belle oeuvre de la résistance luxembourgeoise.

Forte de l'action réalisée dans la clandestinité, l'Union des Mouvements de Résistance Luxembourgeoise n'a pas cru sa tâche achevée lors de la défaite allemande: elle aida à préparer l'avenir. Pour illustrer cette courte rétrospective, signalons les efforts énergiques que l'Union a déployés au lendemain de la libération du pays, dans l'intérêt du maintien de l'ordre, de la répression dans les formes légales des traîtres et des inciviques et des opérations d'évacuation et de rapatriement.

Je me bornerai à citer, sous ce dernier rapport, quelques chiffres d'un seul bureau centralisateur de l'Union: 49 537 km parcourus dont 17 811 km dans l'intérêt de l'évacuation et 7 840 km pour rapatrier nos malheureux compatriotes des camps de concentration; 18 493 km parcourus pour assurer le ravitaillement des différents centres; récupérés 152 102 kg, 5 438 sacs et 12 camions de grains, 4 725 kg de pois, 10 985 kg et 3 camions de pain, 31½ tonnes, 19 camions et 310 sacs de pommes de terre, 8 000 kg et 5 camions de farine, 51 tonnes et 80 sacs de sel, 4 camions de fruits et de légumes, 39 camions de fourrages, 211 porcs et 585 pièces de gros bétail.

Voilà en un résumé très succinct le bilan de notre activité.

La résistance n'exige pas de récompense. Il lui suffit que la Patrie ait survécu et qu'elle ne soit pas réduite, dans le monde d'aujourd'hui et de demain au triste rôle d'un pays vassal, d'un pays condamné d'avance à toutes les abdinations. Et nous nous félicitons d'avoir largement contribué à cette tâche patriotique.

Avec la normalisation de la situation, le rôle de la résistance était terminé. Mais un devoir sacré lui restait: l'aide aux orphelins des patriotes. Elle le réalise par le Fonds National d'Epargne Union qui a pour but de remettre à chaque enfant d'une famille dont le chef n'est plus revenu au pays et qui, à la date du 10 septembre 1944, n'avait pas encore atteint sa 21^e année, un livret d'épargne de 30 000 francs au moment de sa majorité.

Le Fonds National d'Epargne Union a été saisi au total de 357 demandes. Après leur examen par une commission instituée à ces fins sur la base d'un règlement spécial, 81 demandes ont dû être rejetées. Un orphelin a renoncé à son livret au profit des autres bénéficiaires, un autre est entretemps décédé. Le Fonds National compte donc en définitif 274 bénéficiaires ($274 \times 30\,000 = 8\,220\,000$ francs) dont 154 ont déjà reçu leur livret ($30\,000 \times 154 = 4\,620\,000$ francs); 104 livrets restent à payer ($30\,000 \times 104 = 3\,120\,000$ francs) et 16 cas sont tenus en suspens, le décès du chef de famille n'étant pas encore officiellement enregistré ($30\,000 \times 16 = 480\,000$ francs).

Au début, les besoins du Fonds étaient couverts par un versement de 2 000 000 francs prélevés par l'Union

sur ses propres moyens et par le produit de quêtes nationales. Au fur et à mesure que le souvenir de la guerre s'estompait, la rentrée des fonds se faisait plus difficile et nous avons dû renoncer, particulièrement en raison des quêtes nationales et internationales au profit d'autres œuvres, à nos souscriptions. Mais grâce à l'appui généreux de l'Oeuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte, nous pouvons poursuivre la tâche que nous nous sommes assignée et c'est ainsi que, travaillant dans une pensée commune, en un seul souvenir, nous continuons à honorer la mémoire de nos Martyrs.

Alphonse Osch, président

Den Aktiounscomité an den Zentralcomité (spéider an Nationalcomité émgenannt) hu während elo bal 50 Joer regelméisseg d'statutaresch Congresser an d'Generalversammlungen afgehal, Frëndschafstsdeeg an Ausflich organiséiert. Hir Haaptaarbecht loug um Plang vum Vermiechtnes aus der batterer Zäit vun der Ënnerdréckung. D'Prinzipien, déi si dobäi animéiert hun, sin 1980 an engem Manifest zesummegefasst gin:
Am Déngscht vun der Hemecht, sech asetzen fir
– d'Erhale vun den konstitutionelle Fräiheeten a Rechter
– de weideren Ausbäu vun den demokrateschen Institutiounen
– d'ekonomesch, sozialt a kulturellt Wuel
– d'Verdeedegung vun de Mënscherechter an de Fräiheete vu Biirger a Natioun
– eng gesond Ëmwelt an eng geséchert Zoukunft fir jonk an al
– d'Interesse vun de Resistenzler an all deenen, déi ènnert de Nazien ze leiden haten
– d'Verbreedde vum Message vun der Resistenz, mat deer hirem Numm kee Mëssbrauch daarf geschéien
– d'Publizéieren an d'Dozéiere vun der grousser historescher Wourécht vun der Resistenz wéi och der ganzer Geschicht vum 20. Joérhonnert
– eis Sprooch
– den ekonomeschen a sozialen Äusgläich tëschent den Entwécklungslänner an den Industrienatiounen, am Interessi vun alleguer
– d'Versetwanne vun den Ongerechtegeeten um politeschen, ekonomeschen a soziale Plang
– alle Formen vun Diktatur entgéintzweirken an den Erëmopliewe vun Nazismus, Faschismus, Rassismus an Antisemitismus ze wieren
– d'Veruurtelung vun de Krichs- a Mënscherechtsverbriecher, deenen hir Doten nët verjäeren däerfen
– Polizeimuechten, op deer enger, an Terrorismus, op deer anerer Säit, nët opkommen ze loossen
– e Vereent Europa, opgebaut op Fräiheit a Fridden.

An de Statuten, déi d'Unio'n sech 1946 gin hat, stong dat all, méi kompriméiert, mat dran.

Entscheedegung fir Krichsschued aller Art, mat patrioteschem Hannergond, as vun der Resistenz gläich no der Liberatioun gefrot gin: fir d'Membere vun der organiséierter Resistenz an hir Familljen, virop déi a

Prisong, Kazett an Ëmsiddlung gelidden hun, fir all Patrioten déi der Resistenz gehollef oder eegen Initiativen developéiert hun, fir d'Jongen a Medercher, déi an d'preisesch Uniform gepresst gi waren.

Mam Krichsschuedgesetz huet d'Regirung d'Affer indemnisiert. Däitschland, de Schellegen un all deem Misär a Leed, huet en Deel vu sénger grousser Schold beglach.

1991 huet d'Regirung Däitschland ze wësse gedo, datt si op d'Reschtschold verzichte géif, ouni Récksprooch mat der Resistenz an Ons Jongen. D'Unio'n huet duergéint protestéiert. Der däitscher Regirung as matgedeelt gin, datt d'Unio'n d'Deklaratioun vun der Lëtzebuerger Regirung contestéieren an op dem integralen Zréckbezuele bestoe géif.

Am Aktiounscomité as d'Fro gestallt gin, wéi uerg den Drock vun Däitschland kënnt gewiescht sin, fir eis Regirung zu engem Schrëtt ze bréngen, deen d'Resistenzler an Ons Jongen virun de Kapp gestouss huet.

D'Krichsschuedgesetz war nüt perfekt, as awer, wéi et gestëmmt war, am allgemengen vun allen Deeler acceptéiert gin.

Aus Ons Jongen as d'Zwangskräutierfederatioun gin, déi nodréiglech zousätzlech Krichsschuedfuerderunge gestalt huet. Déi sin deelweis esou wäit gaang, datt Resistenzler vis-à-vis vun Zwangskräutier-ten diskriminéiert gewiescht wiren. Déi gudd Relatiounen, déi téschent der Resistenz an Ons Jongen do waren, si verluer gaang. Nüt de Fong vun den Divergenze war et, deen de Klima zerstéiert huet, mä onbegräiflech Aussoen. Esou war z.B. op enger Manifestatioun den 8. Oktober 1972 um Knuedler an der Stad ze héieren, d'Vorschleefte wiren, wéi se aus der Friemt oder dem Ënnergrond zréckkoumen, muenechem Lëtzebuerger en Dar am A gewiescht. D'Éier vun hiren Doudegen, Gefalenen a Vermësste wir diskreditéiert gin. Dat as deklaméiert gin, obschon genee gewousst war, datt d'UNIO'N, déi sëlleg Refraktären an hirer Miliz bei der Libératioun hat, d'Jongen a Medercher mat béiden Ärem emfaang huet, wéi se erém heem koumen. Gläich nom Krich huet d'UNIO'N fir all Affer vum Naziokkupant an alle Lokalitéité vum Land Masse liese gelooss, och fir Ons Jongen a Medercher, wéi d'Doudebiller et weisen. Dës Zeremonië sin op ville Plazzen zesumme vun der UNIO'N mat Ons Jongen organiséiert gin. Et was weider gestéchelt gin. Den 19. September 1979 huet et geheesch: d'Jongen an d'Medercher vun deemoos gouwen op d'Säit gedréckt, wéi nom Krich de grousse Kuch zu Lëtzebuerg verdeelt gin as. E Kuch as bestëmmt nüt verdeelt gin. A wann der vergiess si gin, dann nüt Ons Jongen a Medercher, fir déi d'Resistenz agetratt as, datt si am Krichsschuedgesetz vun 1950 favorabel matconsideréiert si gin. Wéi d'UNIO'N dat de 15. Dezember 1979 rappeléiert huet an op de generellen, wann och nüt enthusiastesche, Konsens hégewis huet, as dat am „Les Sacrifiés“ vun der Zwangskräutierfederatioun contestéiert gin. D'Riposte un d'Adresse vum President vun der UNIO'N war déi elei: „Da es möglich sein könnte, daß ihr Gedächtnis

wegen ihres Alters oder wegen anderer Ursachen bereits Schaden gelitten hat, wollen wir ihnen keine böswilligen Absichten unterstellen und vorläufig nur an Tatsachen erinnern.“

Eng Provokatioun fir d'Resistenz war et, wéi de President vun der Zwangskräutierfederatioun den 29. August 1982 virum Streikmonument zu Wolz deklaréiert huet: „(de Streik) nüt am virus geplangt, nüt an d'Detailier ausgeschafft an nüt dirigéiert“, an domat d'historesch Wourecht, datt d'Resistenzcheffen, déi virdru berod, geplangt a Paroulen erausgin haten, zum Generalstreik opgeruff haten, geleegent huet.

Dat alles war nüt gemeet, fir zou dem gudde Verhältnes, dat mat Ons Jongen bestan hat, zréckzefannen; d'Hoffnung duerzou huet d'UNIO'N nüt opgin.

Fir d'Unio'n war d'Fuerderung vun der Zwangskräutierfederatioun, an den Nationale Conseil vun der Resistenz opgeholl ze gin, onverständlich. E Gläichstelle vum fräiwöllegen aktive Widderstand an dem passiven Opponéieren war fir si eng Saach vun der Onméiglechkeet. Esou eng Exigenz, déi ni hätt däerfe formuléiert gin, konnt naturgeméiss némme refuséiert gin. Der Resistenz, déi an hire Reie vill Zwangskräutierter huet, déi e patrioteschen Akt gesat hun, duerfir e Stréck ze dréinen, heescht un der Realitéit an der historescher Wourecht derlaanscht ze rieden.

Awer all dat huet näischt um déiwe Respekt geännerert, deen d'Resistenz fir Ons Jongen a Medercher hat am Krich, wéi si énnert Liewensgeförl gehollef huet, an nom Krich, wéi se sech virun hirem Affer vernäipt huet, e Respekt, deen émmer do as.

D'Erënnerung waach halen, war fir d'Unio'n eng Haaptaufgab: Erënnerung un den heroeschen Asaz fir d'Fräiheet an d'Onofhängegeet zréckzeeruwveren, Erënnerung un d'Grujhlechkeeten, déi e mäerdere-schen Terrorregime verbrach hat, Erënnerung am Déngscht vum Fridden.

D'Erënnerungsfeieren waren een Deel vun dëser Aufgab, dorënner de Joresdag vum Zesummeschloss vun de Resistenzmouvementer an der Unio'n, den 23. Mäerz. De Périodique, dee bis virun e puer Joer erauskoum, d'Broschüren, d'Communiquéen hun och derzou báigedro, d'Okkupatiounszeit nüt vergiessen ze din. Eng besonnesch Importanz fir d'Unio'n hatten d'Rencontren an d'Gespréicher mat jonke Leit. Émmer war d'Unio'n beméit, Zeechnes ofzeleén, ze informiéieren, ze warnen, zum Militiéieren fir Wuel, Fräiheit a Fridden ze incitéieren.

Ausser Bicher, Schriften, Messagen dénge Monumenter, Statuen, Placken der Erënnerung. Dack war d'Unio'n do den Initiator, esou och fir de Büst vun der Groussherzogin Charlotte, deen den 9. November 1993 am Resistenzmusée zu Esch opgestallt konnt gin, dank deem Entgéintkommes vum Staatsmusée an der Mathélfel vun der Stad Esch. Do derniewt erfëllen och Strossennimm déi Missioune, wéi et all Gemeng am Land opweises huet. An der Stad Lëtzebuerg gët et eng Parti Stroosse, déi op d'Krichszäit opmierksam maachen.

Fir d'Unio'n war et eng grouss Pleséier, wéi d'Stad, op hir Propositioun, der Strooss laanscht den Nikloskiirfecht, vun der Héicht vum Hinzerter Kräiz un, den Numm „Allée vun de Resistenzler an den Deportéierten“ gin huet an d'Strooss, déi vun der Glaciskapell op d'Faienceriestrooss zougeet, „Allée vun der Unio'n“ genannt huet.

D'Erënnerung as bai der Unio'n émmer mat engem Merci verbonn fir all Leit, déi d'organiséiert Resistenz während der Okkupatioun énnerstëtzzt hun, fir d'alliéiert Zaldoten, an do un éischter Plaz d'GIs, eis Liberateuren. E speziellt Mercigefill as am Häerz do fir d'Cheffin vun der Resistenz, d'Groussherzogin Charlotte, déi Exempel, Stäip an Hoffnung war, fir de Prënz Felix, den Éireprésident vun der Unio'n.

Bäim Erënneren sin émmer déi mat derbäi, déi fir d'Hemecht hiirt Liewen hiergin hun, d'Komeroden, all Patrioten, déi erschoss, gekappt, erhaang, zu Doud gepéngegt si gin, déi gefall sin, all Lëtzebuerger, déi Bommen, Granaten, Kugelen aus eiser Mëtt gerass hun, d'Milizleit, déi bei der Liberatioun fir d'Land gestuerwe sin.

D'Gedanke gin dann och bei d'Pupillen vun der Natioun, bei all déi Leit, déi krank u Leif oder Séil de Krich iwwerliewt hun.

D'Resistenzler zitt et émmer erëm bei d'Hinzerter Kräiz, d'Nationalt Monument vun der Resistenz an der Deportatioun. Si maachen dëse Gank nët némme bei hiren offiziellen Zeremonien; dack, am Laf vum Joer, steet deen een oder deen aneren do, a besënnlechem Gespréich vereent mat de Komeroden, déi a fräiwëllègem Asaz hiirt Liewe fir eis Fräiheet geaffert hun.

Um Programm vun de Feierlechkeeten fir de 50. Joresdag vun der Grève, am Hierscht 1992, war d'Hinzerter Kräiz nët drop. Wat sollen d'Patrioten, déi do hir lescht Rou fond hun, a beim Streik erschoss gi waren, do uewen, geduecht hun? Wéi solle si iwwer dee Manktem u Respekt vu Säite vun denen Organisateuren jugéiert hun? D'Amicale vum L.F.B. huet gesicht, dat mat enger kuurzer, einfacher Zeremonie eenegermoosse gudd ze maachen, wat do gefeelt gi war.

Dëst huet verwonnert. Eis Regirungen hu stänneg eng grouss Estime fir d'Resistenz gewisen, déi och ni duurch geleentlech Meenongsdifferenze gedréiwt gin as.

D'Regirung hat de Conseil de l'Ordre kreéiert, deen 1967 vum **Nationale Conseil vun der Resistenz** afgeléist gin as. Dëst Staatsorgan besteet aus 11 bis 15 Persounen aus dem Resistenzermilieu, déi fir dräi Joer genannt gin. D'Unio'n hätt am léiwsten en eegestännegt Organ gehat, an dat d'Resistenzler- an d'Deportéiertenorganisationen an d'Amicalen Leit delegéiert hätten, mat engem Regirungsvertrieder, dem Commissaire vun der Resistenz. An der Konferenz vun de Resistenzorganisationen an Amicalen, déi vum Nationalconseil aberuff gët a mat him zesummeschafft, as och d'Unio'n mat derbäi. Den aktuelle President A. Raths war Grënner vum Resistenzmouvement L.L. Lëtzebuerger Legioun a Mëmber vum éischten Zentralcomité vun der Unio'n, gläich no der Liberatioun 1944.

Den Nationalconseil huet, énner anerem, a sénge Kompetenzen d'Attributioun vum Resistenzlertitel a vun den Dekoratiounen vum „*Ordre de la Résistance 1940-1944*“, wéi och d'Ausstelle vun der Resistenzlerkaart.

Op Initiativ vum Prënz Felix, hirem aktiven Éiere-président, huet d'Unio'n d'*„Croix vun der Unio'n“* geschaaf, fir déi 1972 d'Regirung hiren Agrément gin huet.

D'Exilregirung hat den 13.7.1944 zu London en Arrêté geholl iwwer d'Mentioun „*Mort pour la Patrie*“, déi quasi jidderengem zouerkannt sollt gin, deen am Krich émkomm war, egal ob en an den Alliéierten Arméie gekämpft huet, am Kazett ermuerd, als Resistenzler erschoss gin as oder an der Wehrmacht war. Gläich nom Krich huet d'Resistenz dës Ministeschdecisioun als inakzeptabel deklaréiert. 1948 as se abrogéiert gin. 1961 huet d'Regirung hir Meenung erëm geännert. 1963 kruten Zwangsrekrutéierter d'Mentioun „*Gestuerwe fir d'Hemecht*“. D'Anciens Combattants, d'Maquisaren, d'Insoumis – Armée Secrète, d'Unio'n, d'L.P.P.D. an d'PI-Men hu reagéiert an an engem Communiqué 1964 op en Neits hir Oppositioun zu der Mentioun „*Gestuerwe fir d'Hemecht*“ fir Persounen, déi an der Wehrmacht waren, rappeléiert. D'Unio'n sot duerzou dat elei: „*Le fait de concéder aux „Enrôlés de Force“ le même titre honorifique qu'aux résistants jetera la perturbation dans l'esprit de notre jeunesse qui n'y comprendra plus rien. Certes, il est légitime et nécessaire de concéder aux Enrôlés de Force un titre honorifique (Enrôlés de Force – Victimes du Nacisme; Enrôlés de Force – tombés au champ de bataille; Malgré Nous . . .). Mais il est plus légitime encore et même impérieux de ne pas les mettre au même rang qu'occupent ceux qui, spontanément et individuellement, ont donné leur vie pour la Patrie dans les armées du monde libre ou ceux qui sont morts dans les geôles nazies. On n'irait pas vers le but d'élever le moral, le civisme, le patriotisme, l'âme en un mot de la nation luxembourgeoise, en mettant simplement, sans distinction, sur un pied d'égalité ce qui, à l'époque la plus dramatique de notre Patrie, a été, d'un côté, le courage civique individuel et, de l'autre côté, la soumission à une mesure collective de l'opresseur.*“

1972 huet den Nationale Conseil vun der Resistenz der Regirung d'Meenong vun der Resistenz an den Anciens Combattants rappeléiert, Meenong déi bis haut déi nämlech bliwwen as.

Trei zum Land, trei zur Kroun huet et fir d'Resistenzler am Krich geheesch, trei zum Land, trei zur Kroun heesch et fir d'Resistenzler haut. Nët an de Statuten, nët am Manifest vun 1980 gët dat ernimmt; et war an et as eng Selbstverständlichkeit. *D'Band dat d'Resistenzler an d'Dynastie, haut wéi gëscht, mateneen verbënd as, wéi et an der Unio'n émmer erëm ze héieren as, aus enger Matière wéi et se soss néierens gët, esou staark as et, et kann een et nët gräifen, esou déiw as et, et as e lëtzebuerger Band.*

D'Groussherzogin Charlotte war d'Cheffin gewiescht, de Prënz Felix Éiereprésident an de Groussherzog Jean, deen am Krich schon Éierebondmeeschter vum L.F.B. war, as Patréiner vun der Unio'n.

D'Wourecht muss émmer grouss geschriwwen gin: Gläich nom Krich hätt keen an der Unio'n sech virgestalt, datt et esou schwéier kënnt gin, d'Wourecht vun der Nazizäit ze erhalten, national an international. 1987 huet d'Unio'n an engem Communiqué, énner anerem, gesot et misst gesuergt gin, „datt de Generatiounen déi kommen, d'Geschicht vun der Nazibarbarei, mat all deem, wat derzou gehéiert huet, an d'Affer, déi et kascht huet, fir désem Mäerdegregime lass ze gin, esou iwwerliwwert gët, wéi et tatsächlech geschitt war . . . D'Unio'n wäert sech nüt ophale loessen, weider an deem Sënn ze militéieren, wéi och zou deene Leit ze stoen, déi sech fir eng gudd Saach an d'Wourecht asetzen.

D'Resistenz war scho laang virdru bei der Regirung intervenéiert, fir eng Persoun oder e Grupp ze chargéieren, d'Geschicht vun der Okkupatioun ze schreiwen. An de Gespréicher, déi d'Unio'n periodesch mam Staatsminister hat, huet si dëse Wonsch rappeléiert. Als Preparatioun op déi grouss Aarbecht wollt d'Regirung esou vill Renseignementer sammelen wéi méiglech. Duerfir huet si d'Zäitzeien opgeruff, hir Erliefnésser an de Staatsarchiven op Band ze schwetzen. Bei Geleenheet vum 50. Joresdag vun der Grève war vun enger Spezialkommissiou vum Escher Resistenzmusee op Diskusiounsreuniounen iwwer d'Okkupatioun, a méi speziell d'Period vum Generalstreik, invitíert gin. D'Gespréicher sin opgeholle gin, fir se herno fir Etüden iwwer d'Krichszäit kënnen ze verwäerten.

Well et op d'Wourecht ukënnt, an et esou wuel bei den Enregistrementer an den Staatsarchiven, wéi bei denen zu Esch erausgespiert konnt gin, datt och Ongeneés, Iwwerdriwwenes, Erfontenes geschwat gin as, däerften, fir d'Unio'n, déi eréisch fir Publikatiounen asw. gebraucht gin, wann den Nationalconseil vun der Resistenz se nogekuckt huet.

D'Bezeichnung „Auschwitzligen“ fir den Holocaust as wuel dat schlëmmst wat sech a punkto Onwourecht am Kontext mat der Nazibarbarei bis elo geleescht gin as.

Onwouréchten zirculéieren nüt némmen am Ausland, och bei eis. Falsches, Subjektives, Iwwerflächliches, Ongeneés, Ideologeschefierwtes, Revanchegetéintes, begéint een méi wéi geduecht. Onerfreelech as, dobäi ze konstatéieren, datt gudd Patrioten do matmëschen.

Onwouréchte gi propagéiert mat engem Héichluewe vu Persounen, wou denen hiirt Paktéiere mat den Nazién énnerschlo gët, wéi z. B. beim Akteur René Deltgen, deen den 20.3.1941 dësen „Aufruf“ publizierte huet: „Junge Luxemburger! Als 1933 die Ideen der nationalsozialistischen Jugenderziehung mit Begeisterung und leidenschaftlicher Anteilnahme von der deutschen Jugend begrüßt wurden, da bedauerte ich lebhaft, daß ich nicht 15 Jahre jünger war, um aktiv an dieser umwälzenden kraftschöpfenden Erziehung teilnehmen zu können. Heute ist Euch, Jungen und Mädels in Luxemburg die Möglichkeit gegeben, an dieser großartigen Organisation teilzuhaben. Tretet geschlossen in die Luxemburger Volksjugend ein! In Euren Händen liegt die Zukunft, sie wird gesichert durch eine gesunde, allseitige staatspoliti-

sche Erziehung, um die Euch die Jugend anderer Völker beneidet. Blickt auf die Jugend des Altreiches, die Euch mit leuchtendem Beispiel vorangeht! Werdet freiwillige Vorkämpfer und Eure Väter werden eines Tages mit Stolz auf Euch blicken! gez. René Deligen, Staatsschauspieler!

En anert Beispill as deen Artist, dee bekannt as fir séng Kiirchefénstermolerei a vun deem séngem artistische Können an de leschte Joren regelméisseg an der Press ze liese war. Nét némmen as säi Liewenslaf opgezielt gin, ouni e Piipcheswuert, datt e schon am September 1940 mat der Nazipropaganda am Krees Esch vum Gauleiter Simon chargéiert gi war an 1942 op säi politesch Engagement fir den Nationalsozialismus, an engem Bréif, higewis huet, fir méi e wichtige Poste mat politescher Verantwortung op dem pedagogesch-kulturelle Gebitt ze kréien, ma et gouf geschriwwen, e wir e brave Lëtzebuerger gewiescht, dee géint d'Nazië geschafft hätt.

Eng grad esou onverschimten Onwourecht koum vun deem Politiker, deen am Krich äifregen HJ-Fähnleinführer zu Koplescht war an do de Leit gedreet huet, fir dann de Culot ze hun, sech a séngem Curriculum Vitae – vläit vum KGB inspiréiert – als Resistenzler ze presentéieren.

D'Wourecht as och strapazierte gin an der staatlicher Brochür „Lëtzebuerg 40 Joer fräi“, déi 1984 erauskoum, mat engem Virwuert, an deem onnétzerweis Allusioun op d'Maulkuerfgesetz gemeet gin as. An dëser, soss interessanter Schréft gin d'Resistenzmouvementer Lëtzebuerger Fräiheetsbond a Lëtzebuerger Fräiheetsbewegung an een Dëppé geworf, am Kapitel vun der Libératioun kee Wuert vun der Unio'n gesot, näischt, op der richteger Plaz, vum 23. Mäerz 1944; keen Extraartikel as dran iwwer de Plébiscite, och keen iwwer d'Grève; näischt iwwer d'Groussherzogin Charlotte an d'groussherzoglech Familljen.

Ëm d'histroesch Wourecht vun der Okkupatiounszeit as et der Resistenz 1987 gaang, wéi se sech vun der Manéier, wéi de Resistenzmusée zu Esch sollt reorganiséiert gin, distanciéiert huet. D'Virkrichsjoren sollten an d'Muséespresentatioun mat erageholl gin, de Refus vum Maulkuerfgesetz 1936 als e Resistenzakt festgeschriwwen, d'Lëtzebuerger, déi am spuenesche Biirgerkrich 1936-1939 bei den Internationale Brigade vum kommunistesche Komintern waren, als Modellresistenzler figuréieren asw. Den Nationale Conseil vun der Resistenz, gedro vun allen Organisatiounen an Amicalen, huet an engem Bréif un de Staatsminister drop higewis, datt d'Resistenz géint den Okkupant mat der Invasioun vum 10. Mee 1940 ugefaang huet an d'national Virkrichspolitik, wéi international Virkrichskonflikter, deemno näischt mam Resistenzmusée ze din hätten. Kopie vun dësem Schreiwer war un de Kulturminister an un de Buurgermeeschter vun der Stad Esch geschéckt gin. D'Reorganisateure vum Musée an hir Frénn hun der Opposition vun der Resistenz soss näischt entgéintzesette gewousst, wéi iwwer de Generalsekretär vun hirem Nationalconseil hierzefalen, an d'Press dermat ze beschäftegen. D'Unio'n huet dëse Communiqué den 29.5.1987 publizierte:

„D’Unio’n vun de Lëtzebuerger Resistenzorganisatiounen huet an de leschte Joeren verschiddentlech d’falsch a verdréinten Duerstellung vun de Krichs- an Okkupatiounsevenementer am Ausland, wéi och d’Usätz duerzou hei am Land, kritiséiert. Dobäi as betount gin datt ze suerge wir, datt de Generationounen, déi kommen, d’Geschicht vun der Nazibarbarei, mat all deem, wat duerzou geféiert, an d’Affer, déi et kascht huet, fir désem Mäerdeurregime lass ze gin, esou iwwerliwwert gët, wéi et tatsächlech war.

Elo gesäßt een wéi op eemol bei äis vu verschiddene Säite versicht gët d’Maulkuergesetz vun 1937 an der Rum vum Faschismus ze presentéieren an et a Relatioun mam Nazismus hei am Land ze bréngen. Well dése politesche Fait mat alldem fir dat en elo hierhale soll a mat Resistenz näischte ze din huet, konnt désem Agéieren némme gewiertszt ginn. Dat as vum Nationalconseil vun der Resistenz gemeet ginn.

Schenterlech Attacken op d’nationalalt Organ vun der Resistenz a speziell säi Generalsekretär sin d’Reaktioun op hir noutwendeg Interventioun. D’Resistenzler, all déi, déi aktiv, vum éischten Ament un wéi d’Naziën an d’Land eragefall sin, géint den Ënnendrécker opponéiert hun, sin opbruecht iwver dat perfid Veraffrontéieren. Wéi villes a muench aneren Domänen toleréieren si och lirfériongen nüt, egal vu wou a vu wiem se propagéiert ginn, an egal mat wéi engen onproppere Mëttelen op esou eppes lassgeschafft gët.

D’Unio’n wäert sech nüt ophale loosse, weider an deem Senn ze oeuvréieren an ze militéieren, wéi och zu deene Leit ze stoen, déi sech fir eng gudd Saach an d’Wourecht asetzen.“

De President vun der Unio’n an de Generalsekretär vum Nationale Conseil vun der Resistenz hun och an der Press, grad wéi den Nationalconseil selwer, Stellung zu verschiddenen Articlele geholl.

D’Resistenz huet sech, logescherweis, mat hirer Meenung duurchgesat. En Ëmfunktionéiere vum Resistenzmusée an en ideologescht Informatiounscentrum war verhennert ginn. D’Resistenz konnt hir Pläng, evenuell e Musée am richtege Senn vum Wuert an der Stad opzériichten, op d’Säit leën.

Zum Kapitel Wourecht gehéiert fir d’Unio’n och d’Ausenaanerhalen vum Nazismus a Faschismus. Et as nun nüt emol dat nämlecht, wann och béisid ze condamnéiere sin. Mir haten et mat den Naziën ze din an nüt mat de Faschisten; den iirféierende Gebrauch vum Term Faschismus amplaz Nazismus, deem ee geleentlech begéint an dee vu bestëmmte Kreesser konsequent benutzt gët, ännerd näischte un deer Tatsaach. E Minimiséiere vum Nazismus kann et allerdéngs als Konsequenz hun, an domat zu enger duebler Onwourecht ginn.

De Stalin huet a sénger Radioried, den 3.7.1941, nodeem den Hitler de 27.6.1941 d’UdSSR ugegraff hat, vun der perfider militärescher Aggressioun vum däitsche Faschismus geschwatt. D’Sowjetunioun wollt verhennen, datt dem Hitler séng NSDAP – Nationalsozialistische Deutsche Arbeiterpartei – duurch d’Wuert „sozialistisch“ dat do dran as, irgendwéi a Relatioun mat hirem System bruecht kënnt ginn. International hun

d’Lénksgruppéierungen d’sowjetesch Terminologie, déi praktesch eng Geschichtsfälschung as, iwwerholl a verschen nach haut se ze generaliséieren.

Onwourecht gët am Land vun deene propagéiert, déi am Zesummenhank mam Generalstreik vun 1942 vun engem spontane Streik schwätzen; der Wourecht weisen déi d’kal Schéller, déi den aktive, fräiwöllege Widerstand mam passiven Opponéieren gläichstelle wëllen; korjhéisserweis sin et ze soen déi nämlecht, déi dat engt an dat anert ènnert d’Leit bréngen.

Zu der Onwourecht zielt och d’Diskreditiéiere vun der Resistenz. Dat geschitt deels aus deem elo virdrun zitierten Eck, deels aus dem rietextreme Milieu – wou d’Appertsleit vum Naziokkupant, déi 1977 de Culot haten, eng Amicale des Prisonniers politiques d’après-guerre op d’Been setzen ze wëllen a fir déi d’Resistenz matschëlle as, datt si d’Verréiderprivilegien vun Hitlersgnod mam Prisong hu missen tauschen, hire Pefferkäer matbäileen –, deels vum lénksexteme Bord, wéint de Menscherechtskritike vun der Unio’n un totalitären Lénksregimer.

D’Verwësche vun der Wourecht gët zénter der „Wiedervereinigung“ an Däitschland mam Denaturéieren vum Begréff Kazett bedriwwen. D’Unio’n huet 1992 bei den däitschen Autoritéiten géint d’Abezéien vun der Nokrichs- a Besatzungszäit an d’Kazetterënnerung protestéiert. D’sowjetesch Arméi hat d’Konzentratiounslager an hirer Zon als Prisong benutzt fir Naziën, an duerno fir Regimegéigner; vill vun deenen hun do den Doud fond. Dës Leit elo ze éieren wéi a mat de Kazettler aus der Nazizäit as grotesk, inakzeptabel a schizophren, wann een un d’Nazien denkt, déi do drénnner sin.

Ganz penibel as et fir d’Unio’n, fir d’international Resistenz, bei bestëmmte jiddeschen Associatiounen op d’Wourecht müssen ze pochen, an se ze bieden, bei hiren Deklaratiounen an Zeremonien d’Meenung nüt opkommen ze loosse, wéi wann némmen hirer Leit an de Kazettler gewiescht an do émkomm wiren.

Fir d’Unio’n as am allgemengen vill ze vill Onwourecht èm eis. D’Medien hun do eng grouss Verantwortung; nüt jidder Journalist hëllt et mat der Wourecht genee; schwarz Schof gët et iwverall.

De franséische Journalisteverband huet op sénger Assemblée vun ufanks 1993 op d’Versoe vun eenzelnen vun hire Kollegen reagéiert an den éischten Alinea vun hirer Charta vun der professioneller Flicht vun de Journalisten rappeléiert: „... un journaliste digne de ce nom tient la calomnie, les accusations sans preuve, l’altération des documents, la déformation des faits, le mensonge, pour les plus graves fautes professionnelles“.

D’Wourecht leid hautdësdags ènnert enger dagdeeglecher Desinformatioun, déi aus ville Quellen op de Biirger awiirkt.

Hitler a Stalin hu mat Desinformatioun hir Leit bei der Staang gehal. D’Nokrichsdiktaturen, egal wou se an der Welt waren a sin, extremistesch Ideologen, fundamentalistesch Theologen, Sektescharlatanen, terroristesch Organisatiounen, d’Mafia an Drogekarteller pro-

fitéieren vum technesche Fortschritt fir d'Desinformatioun maximal fir hire Business ze nutzen. Mat Desinformatioun sichen onéierlech Fabrikanten a Politiker Clientèle fir sech ze gewinnen.

De Biirger gët èmmer méi irgeleed. D'Unio'n gesäit dodran eng méiglech Gefor fir d'Stabilitéit vun eiser fräiheetlecher Gesellschaft, op laang Weil. Si erwaard sech vun den Autoritéiten, europawäit, e konsequent, afgestëmmte Géigesteieren.

D'ekonomesch, d'sozialt a kulturell Geschéien haten hir Platz op dem **Ordre du Jour vun de Comitésrenioune** vun der Unio'n.

D'Problemer vun der Stolindustrie, d'Implantatioun vun auslännische Firmen, d'Bankplaz Lëtzebuerg, d'Evolutioun am Agrarsektor, de Mindestloun, de Solidaritéitsfong, d'Tripartite, d'Aarbechtslosegkeet, d'Kliniken an d'Altersheimer, de kulturellen Opschwonk, d'Erhalen an d'Restauratioun vum historesche Patrimoine, fir némmen déi ze nennen, waren Diskussiounsthema.

D'Ëmwelt, d'Gesondheet an d'Iwwerliewe vum Mensch an enger Zäit, wou niewt de positiven Aspekter vum moderne Fortschritt och séng Gefore fir de Mensch sech èmmer méi weisen, sin an der Unio'n regelméisseg zur Sprooch komm, ob dat d'Atomenergie, d'Nitraten am Buedem, d'Loftverschmotzung, de Grondwaasserspigel, d'Afhölze vum Urwald asw. waren.

D'Unio'n war am nationalen Anti-Kettenuewen-Comité, wéi do d'Atomzentral gebaut gin as. Si huet do speziell de Manktem u Sécherheet, wat d'Konstruktioun vun de Gebailechkeiten ugaang as, kritiséiert. D'Sécherheetsrapporen konfirméieren haut, wat d'Union deemools ugedeit hat.

D'Sécherheet huet d'Comitée vun der Unio'n vill beschäftegt: d'Sécherheet am Land, d'Sécherheet vum Land an d'Sécherheet vun Europa.

Am Laf vun de Joeren as en Afhuele vun der Sécherheet an de Lokalitéité konstatiert gin, bedéngt duurch eng Augmentatioun vun der klenger Kriminallität.

An enger Adaptatioun vun den Effektiver vu Gendarmerie a Police un d'Exigenzen, déi u si erugedroe gin, gesäit d'Unio'n ee Moyen fir dem Biirger méi Sécherheet ze bidden. Duerzou misst sech mat allem Eescht èm all dat gekëmmert gin, wat èm d'Droge gravitéiert a wat déi nei Arem an d'Aarbechtslos betrëfft.

Déi gréisser a grouss Kriminalitéit, déi haapsächlich vun déisäits de Grenze bei eis kënnt, misst duurch d'Schengener Afkommes besser bekämpft kenne gin.

D'Sécherheet vum Land as bis elo vun der NATO garantéiert gin, d'Unio'n wënscht e séiert Zestane-komme vun enger europäescher Verdeedegongspolitik, am Interesse vun eise Länner am allgemengen an dem Fridden am speziellen. D'Weiderbestoe vun der NATO as fir d'Unio'n, och elo no dem Ëmbroch an Europa, eng absolut Noutwendegkeet.

Zu dem Terrorismus huet d'Unio'n verschiddentlech hir Meenung gesot. Lëtzebuerg as dovun némmen indirekt betraff gewiescht, bis elo. Ouni wëllen iwwerhiewlech ze schéngen, hätt een eisen Noper rode kënnen, éischter a méi resolut duurchzegräifen. Dat selwecht gëlt fir d'Krawallbridder vun den Autonomen an Däitschland, d'Skinheads a ganz Europa, d'Baurekläpper am Frankräich, d'Footballgangster egal vu wou.

„Am Glawen un d'Mënscherechter, déi onser Herrgott mat der Fräiheit alle Mënsche geschenkt huet, am Respekt fir d'Dignitéit vum eenzelne Mensch, an der Iwwerzeegung, dass némmen d'Léift, an nét den Haass, d'Geschécker vun den Natioune bestëmme kann, wëlle mer déi nei Zäit erschléissen . . . (Prënz Jean op der BBC den 3.1.1943).

D'Unio'n hat nom Krich nét geduecht, datt si esou vill Zäit fir d'Mënscherechter opbréngt misst. All Interventiounen an Demarchen opzielen, géif Säite vollmaachen.

D'Unio'n as entäuscht iwwer d'Onéierlechkeet, deér op Schrott an Tratt, beim Asaz fir d'Mënscherechter, begéint gët. Eis Länner maachen nét gudd; de ferme Wëllen ze hëllefe feelt.

Vun der Mënscherechtskonferenz 1993 zu Wien as den Dalai Lama op Drock vum onmënschleche China ausgelued gin; beim Chile stéiert et nét, datt do e Mënscherechtsverbriecher Arméichef as. Schreckleches geschitt an Ex-Jugoslawien, wou Europa mathëlleft èmsiddelen, nokuckt wa violéiert a gemuerd gët, wou en ongëeent Europa Fridde mat Krich verwisselt. Schockéiert war d'Unio'n och, wéi se gewuer gin as, datt Hëllefsorganisatiounen vun de serbesche Konzentrationslager, dem Folteren a Violéiere woussten, an näischt dervun un d'Öffentlechkeet hu komme loassen.

D'Unio'n as fir d'Doudesstrof bei Mënscherechtsverbriechen, Krichsverbriechen, Verbriechen u Kanner a bei Héichverrot um Land.

D'Unio'n verlaangt e permanenten internationalen Tribunal fir Mënscherechts- a Krichsverbriecher afzueurtelen.

Kuurz no der Libération huet d'Unio'n, wéi d'Resistenzorganisatiounen an denen anere Länner, virun der latenter Gefor vun enger Nokrichsoffensiv vum Nazismus gewarnt. Wéi recht se haten, weist d'Optriede vum Rietsextremismus haut an allen Deeler vun Europa. An engem Depliant fir hire 50. Joresdag geet d'Unio'n am Fong op dësen aktuelle Phenomen an.

An de Statute vun 1946 stong dése Saz: „*D'Unio'n hëlleft mat um Äusbäu vun enger internationaler Resistenzorganisatioun, déi de Weltfridden an d'international Verstännegong erstriewt.*“

E puer Méint virdrun, dat selwecht Joer, war d'Unio'n Matgrënner vun der Union Internationale de la Résistance gewiescht, déi spéider an Union Internationale de la Résistance et de la Déportation émgedeeft gin as. 1952 war d'Unio'n och mat derbäi, wéi d'Union des Résistants pour une Europe Unie gegrënnt gin as.

An dësen ieweschte Gremien vun der internationale Resistenz hat d'Unio'n vun ufanks bis elo e Vizepré-

sidunleposten a vun 1980 u stellt si den internationalen Delegéierten fir d'europäesch Saachen. D'Unio'n huet Kommissioune presidéiert, u Konferenzen deelgeholl, Propositione gemeet a Resolutiounen abruet. Si huet hir auslännesch Frénn hei zu Lëtzebuerg émfaang a mécht dat elo erém Mëtt Mäerz 1994.

D'ganz Aktivitéit vun désen zwou internationalen Organisatiounen steet énner dem Motto vum Fridden an dem Wuel vun eise Länner. Kontaktreunioune mat jonke Leit vun iwverall aus Europa an Israel sin an deem Sënn organiséiert gin.

Den Asaz fir de Fridden huet d'Union Internationale de la Résistance et de la Déportation derzou geféiert, sech esou staark an den éischten Nokrichsjoren anzesetze fir Däitschland an engt Vereent Europa matanzebannen. Frankräich, Lëtzebuerg an d'Belsch waren déi dreiwend Kräften, wou d'Unio'n dack d'Initiativ geholl huet.

D'Méi, déi Däitschland sech gin huet, fir mat der Vergaangenheet eens ze gin, as vun der Unio'n als e gudd Zeechen ugesi gin. Déi positiv Approche, déi d'Unio'n zum Nokrichsdäitschland krut, huet baséiert op de Leit vum däitsche Widerstand, déi se kennegeléiert huet, an op denen Däitschen, déi hei am Land, während der Énnerdréckung, onopfälleg couragéiert versicht hun, d'Onmenschlichkeit vun den Nazien ze émgoen.

Eng Grëtz Mësstrauen awer war émmer do, geniert duurch Nouvelles, déi Zweiwel un der Éierlechkeet vun der „Vergangenheitsbewältigung“ opkomme gelooss hun: Naziriichter, déi héich Staatsplätze kruten, Wittfrae vu Widerstandsleit, dene manner Pensioun zougestan gin as wéi dene vun SS-Genossen, Sinti a Roma, déi vun der Krichsentscheedegung ausgeschloss si gin. Prozesser géint Naziverbriecher, déi mat Fräispréch ausgaang sin, an dees nach méi.

Well nun awer dat Positivt an Däitschland iwverwiën huet, war fir d'Unio'n keng Uursaach do, zu dem däitschen Noper op Distanz ze goen.

D'Iwverhiewlechkeet, déi Däitschland zénter der „Wiedervereinigung“ demonstrativ um europäesche Parteut manifestéiert, deet d'Mësstrauë wuessen.

Nëmmen e Vereent Europa kann nationalistesch Tendenzen an eise Länner am Schach halen.

D'Unio'n as, vu gläich nom Krich un, fir e federalt Vereent Europa agetratt. D'europäesch Integratioun huet eigentlech esou evoluéiert, wéi d'Resistenzler et gäer gehat hätten, ausser datt den Tempo ze lues war.

D'Comitéë vun der Unio'n hun d'Resolutiounen vum Europaparlament, d'Decisiounen vum Ministerrot an d'Direktive vun der Europäescher Kommission analyséiert a kommentéiert, dem Staatsminister an den Europadeputéierten hir Meenungen a Propositionen énnerbreit.

D'Sétfro vun den Europäeschen Institutiounen huet d'Unio'n émmer am A behal. D'Decisioun 1993 vun Edinburgh huet Lëtzebuerg als Europasätz op méi fest Féiss gestallt. Géint d'Installatioun vun der Euro-

päescher Zentralbank zu Frankfurt huet d'Unio'n mat zwéi Communiquée protestéiert; deen éischten den 1.9.1993, wéint enger Deklaratioun vum däitsche Finanzminister:

Le siège de la Banque Centrale Européenne, instaurée par le Traité sur l'Union Européenne, figurera à l'ordre du jour du prochain sommet de la Communauté Européenne. La section luxembourgeoise de l'Union des Résistants pour une Europe Unie trouve le débat y relatif déplacé et inutile, vu qu'à son chap. IV, art. 10, le traité de fusion des institutions européennes prévoit l'installation des organismes financiers à Luxembourg.

Or, le ministre allemand des Finances, en faisant fi cyniquement de cette réglementation ainsi que de toute décence politique, vient d'exiger ultimativement l'implantation de la future Banque Européenne à Francfort, en menaçant ses partenaires européens de faire échouer le projet d'Union économique et monétaire, s'il n'était accédé à sa convoitise.

Cet acte de chantage politique oblige les résistants luxembourgeois à rappeler les années 1914 et 1940 de sinistre mémoire, où, au mépris des accords conclus, la mégalomanie germanique a fait ses troupes envahir et occuper le territoire luxembourgeois, pour y semer la terreur, pour emprisonner, pour assassiner.

Les résistants luxembourgeois qui, dès le lendemain de la seconde guerre mondiale, ont oeuvré activement, en étroite collaboration avec leurs amis français et belges, à la réadmission de l'Allemagne dans le concert des nations européennes et internationales, sont profondément désappointés et inquiets par les agissements et propos actuels de certains milieux allemands. La confiance qu'ils ont témoignée au renouveau démocratique allemand ne saura maintenant que céder la place à la méfiance à l'égard d'une Allemagne que le «Bundesegoïsme» pousse à s'emparer de la direction de l'Europe communautaire, d'une Allemagne qui refuse de s'acquitter pleinement de sa dette nazie, d'une Allemagne où les actes xénophobes se multiplient, où des villageois commanditent des skinheads pour incendier des refuges d'asiliants, où une ville autorise, sous escorte policière, le déroulement d'une manifestation néo-nazie pour commémorer l'anniversaire du criminel de guerre Rudolf Hess, où le président du gouvernement d'un Land fait siennes des revendications revanchardes à l'encontre des peuples tchèque et slovaque.

Non Monsieur Waigel, l'Europe ne se construira pas par des diktats!

den zweeten, wéint der Decisioun selwer:

D'Staats- a Regirungsscheffen hun de Wee opgemeet fir d'europäesch Zentralbank zu Frankfurt/Main ze installéieren.

Dës Decisioun as duebel ongeheierlech: Engersäits gët domatten en Afkommes, de Fusionstraité, wou drasteet, datt nei Finanzinstituter op Lëtzebuerg ze kommen hätten, mat Féiss getrëppelt; anersäits as sech engem Ultimatum, verbonne mat Chantage, vun engem Mëmberland, gebéit gin.

Derbäi kënnst fir Lëtzebuerg, datt jhust dat Land de Sëtz vun der Zentralbank krët, dat déif an eiser Schold as, vun der Vergaangenheet hir an dat, wann némmen eng Grëtz Schiimt do gewiescht wir, hätt missen dervun afgesin, Lëtzebuerg op d'Säit ze drécken.

As et erëm esou wäit, wéi an den drësseger Joren, wou virun engem Däitschland, dat op Pouvoir aus war, gekuscht gin as?

D'Vereenegong vun Europa daarf nët vu Politiker, déi Iwwerhiewlechkeet a Wuertbroch praktizéieren, an d'Labränte bruecht gin!

Éierlechkeet a Vertraue si gefrot!

D'Unio'n huet Jo gesot zum **Maastrichter Afkommes** iwwer d'Europäesch Unio'n. Si gesäit dodran eng nei wichteg Etapp um Wee fir e wiirklech Vereent Europa. De 14. September 1992, nodeems d'Châmber d'Afkommes ratifizéiert hat, huet d'Unio'n dëse Communiqué publizéiert:

Le Traité sur l'Union Européenne a été ratifié, à une large majorité, par la Chambre des Députés.

L'Union des Mouvements de Résistance Luxembourgeois et la section luxembourgeoise de l'Union des Résistants pour une Europe Unie s'en félicitent.

Elles expriment leur profonde conviction que la voie de Maastricht constitue une étape décisive pour l'unification européenne, qui a démarré à Luxembourg, il y a quarante ans, le 10 août 1952.

Sa remise en cause par des nationalismes aveugles et des thèses proches des régimes barbares et meurtriers nazi et stalino-communiste s'avérerait désastreuse pour l'Europe entière.

La nouvelle oeuvre, tout en étant collective, devra permettre à chaque pays de conserver entre ses mains tout ce qui concerne sa manière particulière d'être et de vivre. A cet effet le traité précise que l'Union respecte l'identité nationale de ses Etats membres et prévoit des dispositions dérogatoires, lorsque des problèmes spécifiques à un Etat membre le justifient. La citoyenneté européenne et plus particulièrement le droit de vote des étrangers ont mis notre pays, par suite du nombre extraordinairement élevé d'électeurs non-luxembourgeois, dans l'obligation d'avoir recours à la procédure des dérogations. L'Union des Mouvements de Résistance Luxembourgeoise et la section Luxembourgeoise de l'Union des Résistants pour une Europe Unie préconisent que le texte final y relatif soit non seulement formulé avec davantage de précision et de rigueur que ne l'indiquent les orientations publiées par les autorités, notamment en ce qui concerne la langue nationale et le pourcentage d'étrangers pouvant siéger dans les conseils municipaux, mais se trouve aussi assorti d'une clause de garantie quant aux durée et mode de validité de ces dispositions.

Le comportement irrégulier de certains partenaires, dont de nos voisins, pour s'accaparer la nouvelle Banque Centrale, invite à cette prudence précautionneuse, quoique le nouveau traité, qui, entre autres, met en exergue la solidarité, devrait endiguer les tentatives pareilles d'échapper à la foi communautaire.

Par ailleurs, une application du traité sur l'Union Européenne sur base des principes d'un humanisme et d'une morale politique hautement sains contribuera à réconcilier les citoyens avec le monde politique traditionnel, qu'ils boudent actuellement, désorientés, en maintes parts de l'Europe et à les encourager à se réintéresser activement à la gestion démocratique des affaires de leur pays.

Ce n'est qu'alors que les objectifs politiques, économiques et sociaux du traité sauront être atteints et les passions maléfiques, que sont les déchaînements nationalistes et xénophobes, tenues en échec.

Den Nationalcomité vun der Unio'n huet Châmber a Regirung séng Meenung iwwer d'Maastrichter Afkommes, a méi speziell iwwer d'Europäesch Biirgerrecht an d'Derogatiounen, déi fir Lëtzebuerg dobäi ze froe sin, matgedeelt. D'Unio'n as fir eng Matbedeelegung vun de frieme Matbiirger um politesche Gemengeliewen, déi awer esou ze regelen as, datt d'Wuel vum Land an de Gemengen, wéi eis Identitéit, déi besonnesch duurch eis Nationalsprooch afzesécheren as, erhale bleiwen.

Eis Sprooch war èmmer en Haaptuleies fir d'Unio'n. Si huet drop gehal, dat mat engem Depliant, deen si fir de 50. Joresdag vum Zesummeschloss vun de Resistenz-mouvementer an der Unio'n erausgëtt, ze ènnersträichen.

D'Erhale vun der Identitéit, déi mat der Sprooch steet a fällt, gebidd d'Sprooch an Éieren ze halen. An dach as bei munechem Biirger, bei eenzelne Medieleit a bei Geeschtlechen, a leschter Zäit, wéineg Respekt fir eis Nationalsprooch ze gesin.

D'Regirung vun eisem grousse franséischen Noper léissit zénter etleche Méint keng Geleënheet laanscht goen, fir, am Context mat dem europäeschen Unifikatiounsprozess, op déi vill Efforen hinzuweisen, déi fir d'Identitéit, an domat fir d'Sprooch ze maache sin.

Wéivill méi muss e klengt Land èm séng Identitéit a séng Sprooch besuergt sin, wann en imposant Land wéi Frankräich et néideg fénnt, séng Biirger duerfir ze sensibiliséieren.

An de Reuniounen vun der Unio'n koumen och d'Relatioune mat denen anere Länner zur Sprooch. Zwee sollen der hei erausgegraff gin. Dat engt as Israel, an dat well d'Freed bei der Unio'n grouss as, datt an deer Géigend vu Fridde geschwat gët. Am Israel-Palästina-Sträit waren d'Sympathie vun der Unio'n op Säite vun Israel. D'Unio'n as an den internationale Gremien fir engt vun den arabesche Staaten unerkannent Israel, mat séchere Grenzen, agetratt, huet d'Recht vun de Palästinenser op en eegene Staat betount a sech fir en internationale Status fir Jerusalem ausgesprach.

D'USA sin dat aanert Land. Eng déif Fréndschaft verbënnt Lëtzebuerg mat sénge Liberatore vun 1944.

Amerikanesch Groussfirmen hu sech bei eis etabléiert; ganz gudd ekonomesch a kulturell Relatiounen bestin tëschent dem klenge Lëtzebuerg an dem ganz groussen Amerika.

Mir schéilen deer Natioun e grousse Merci. Dat awer hennert nüt, wéi et sech énnert Frénn passt, ze kritiséieren, wann engem eppes nüt geet. Énner Frénn trétt och ee fir deen aneren an, wann deem engen Onrecht geschitt.

Dat huet een Deel vun de Létzebuerger Bauerne 1992 nüt gemeet, wéi se grad esou domm an onfair wéi hir Kollegen zu Paräis a Bréssel virun d'amerikanesch Ambassad bläre gaang sin. Déi mat derbäi ware sollen sech schumme fir dat, wat si do opgezun hun. Déi Blaméiert ware si, well si gewisen hun, datt se vum Fong vun der GATT-Saach kee Bescheid woussten. D'Unio'n war skandaliséiert. D'Unio'n as och schokkéiert, wéi Europa, fir sech aus der Patsch ze zéien, déi et sech selwer agebrockt huet, sicht d'USA zum Sénnebock ze stempelen, fir iewer och grad alles, wat an der Weltgeschicht geschitt. Europa soll emol viru sénger Dir kieren!

D'Demarchen opzielen, déi d'Unio'n a bal 50 Joer gemeet huet, géif e ganzt Buch voll gin. Nüt émmer as eng Antwort oder en Echo komm, wat awer nüt discouragéiert huet. Meeschters war et hei am Land, wou d'Manéieren nüt do waren, fir och némmen eng Héiflechkeetsantwort ze gin.

E puer speziell Interventiounen illustréieren, ém wat alles d'Unio'n sech gekëmmert huet, a wéi dack duerop reagéiert gin as:

Eng onerwaart kal Dusch war vun der belscher Ambassad komm bei der Nofro, fir wat d'Belsch d'Extraditioun vum Nazi-Rexistechef Degrelle, am „Exil“ a Spuenien (a Koordinateur vum Agéiere vun der rietsextreme Gruppéierungen an Europa) nüt verlaangen an en nüt bei séngem heemlechen, awer bekannten Oenthalter zu Bréssel verhafté geif.

Am korjhéissten huet d'franséisch Ambassad geäntwert, wéi d'Unio'n gäer Renseignementer iwwer d'Sécherheet vun de Gebeilechkeete vun der Atomzentral vu Kettenuewen gehat hätt, an duefir un en däitschen Institut verwise gin as.

Déi onfréndlechst Reaktioun war déi vum deemolegen däitschen Kanzler H. Schmidt. De Generalsekretär vun der Unio'n, deen am Opdrag vun der UIRD den 29.3.1979 e Memorandum vun der internationaler Resistenz zu der „Verjährung“ vu Krichsverbriechen iwwerreeche sollt, an ugemellt war, as beim Agank zum Kanzleramt vun engem Wuechtmann gestoppt gin, deen Instruktioun hat, him ze soen: „*Sogar der Pfordner wird keine Zeit für sie haben.*“ (Den Här H. Schmidt war, wéi d'däitsch Widerstandsorganisatiounen erénnert a mat Photoe beluegt hun, ee vun den Auserwielte vun der Wehrmacht, déi vum Nazi-Volksgerichthof invitíert, an den éische Reie beim von-Stauffenberg-Prozess souzen).

Beim Bundestagspresident C. Carstens, deen de Morandum och kréie sollt, war den Émfank protokolaresch fréndlech. Do waren d'Uerderen, dem Vertrieder vun der internationaler Resistenz eng Platz an der Loge vun den Éieregäsch am Sall vum Bundestag ze réservéieren, fir d'Debatten iwwer d'Preskriptioun vun de Krichsverbriechen, déi dun amgaang waren, suivéieren ze können.

Esou instruktiv wéi kengt anert war d'**Gespréich mat enger kurdescher Delegatioun** am Gebei vum Europarot zu Stroossbuerg, dorénnner Kurden, déi aus der Tiirkei, dem Irak, dem Iran a Syrien koumen. E Kurdistan, wéi et hinnen nom éische Weltkrieg versprach gi war, wollt némmen ee vun hinnen; déi aner hu fir en Autonomiestatus an hire Länner plaidéiert. Alleguer hu se sech beklot, an hire Länner schikanéiert ze gin, an der Tiirkei allerdéngs géif et eng Amelioratioun, déi awer nüt ze iwwerbewäerte wir. Bis op een hun se Extremisten énnert hinnen e groussen Deel Schold gin un der verfuerener Situatioun.

Eng Dankbarkeet, wéi se d'Autoritéiten aus dem **Kuwait** gewisen hun, as néierens soss begéint gin. Dat nüt eleng wéint de Sympathien, déi d'Unio'n fir hiirt Land bei der irakescher Invasioun manifestéiert hat, ma besonnesch fir d'Interventiounen, déi d'Unio'n national an international gemeet huet, fir d'kuwaitesch Prisonnéier, déi den Irak nach émmer a Gefaangenelager zréckhällt, fräi ze kréien.

En erfreeleche Succès vun enger Unio'n-Démarche war de **Poopstbesuch 1985 zu Létzebuerg**. Veriergert iwwer Deklaratiounen vum Bëschof vu Stroossbuerg, deen eng Visite vum Poopst zu Stroossbuerg wollt hun, a sech dobäi op d'Europaparlament baséiert huet, as d'Unio'n interveniéiert fir datt de Poopst, wann e schon Europa an e Besuch wéilt mataschléissen, fir d'éischt op Létzebuerg kéim, wou Europa ugefaang huet. Un den Nuntius zu Bréssel as geschriwwen gin. An engems as d'Uleies vun der Unio'n vum Resistenzlerkomerod Ch. Reichling, dee beim Hellege Stull akkreditéiert war, do virgedroe gin an och vun der Madame C. Flesch, eisem Ausseminister. Keen Ophiewes as vun dëser Initiativ, déi zum Poopstbesuch zu Létzebuerg geféiert huet, deemools vun der Unio'n gemeet gin; ernimmenswäert wir et dach awer gewiescht vu Säite vum Organisateur.

Am encourageanste fir d'Unio'n waren hir **Kontakter mat jonke Leit**, hei zu Létzebuerg an am Ausland, wou d'Bereetschaft, sech fir gudd a gerecht Causen anzesetzen, an de Welle fir d'Fräiheit an de Fridden ze erhalen – déi méi grouss sin, wéi der vill et mengen – ervirgestach hun.

Nodenklech huet d'Antwort vum däitsche Bundeskanzleramt vum 20.5.1992 op e Schreiwas gemeet, dat d'Unio'n den 30.3.92 un de Bundeskanzler H. Kohl adresséiert hat, an deem et iwwer de Sëtz vun der Europäischer Zentralbank gaang as:

Die Frage des Sitzes des Europäischen Währungsinstituts und der Europäischen Zentralbank ist auf dem Europäischen Rat in Maastricht offen geblieben. Der Vertrag über die Europäische Union legt jedoch fest, daß über die Sitzfrage bis Ende 1992 entschieden wird.

Neben der Bundesrepublik Deutschland haben auch andere Mitgliedstaaten ihre Kandidatur angemeldet. Sie sind wie die Bundesregierung der Auffassung, daß der „Beschluß der Vertreter der Regierung der Mitgliedstaaten über die vorläufige Unterbringung bestimmter Organe und Dienststellen der Gemeinschaften“ vom 8. April 1965 keinen Rechtsanspruch auf den Sitz der genannten Einrichtungen gewährt. Die Sitzfrage ist recht-

isch und politisch offen und muß einvernehmlich von den Staaten mit Regierungschefs getroffen werden.

Die Bundesregierung ist bereit, mit dem Vertrag über die Europäische Union einen entscheidenden Schritt auf dem Weg der europäischen Integration weiterzugehen. Mit der Zustimmung zur Wirtschafts- und Währungsunion, die den Übergang zu einer einheitlichen Währung einschließt, steht viel auf dem Spiel. Im Mittelpunkt der Währungsunion muß die Geldwertstabilität stehen. Sie werden daher sicherlich verstehen, warum die Bundesrepublik Deutschland Wert darauf legt, daß die Europäische Zentralbank ihren Sitz in Deutschland hat. Im übrigen hat die Bundesregierung bisher bei Kandidaturen über den Sitz anderer Gemeinschaftseinrichtungen größte Zurückhaltung geübt.

Mit freundlichen Grüßen
Im Auftrag
Dr. Westerhoff

D'Unio'n freet sech, wat d'Ënnerschrëft ënnert en Afkommes nach wäert as.

Wéi laang gëlt nach, wat zu Edinburgh iwver d'Sëtz vun den europäeschen Institutiounen decidéiert gin as a Verschiddenes fir Lëtzebuerg definitiv gemeet gin as?

Den 10. Oktober 1992 hat d'Unio'n un d'Députéiert appelléiert fir matzesuergen, dem Lëtzebuergeschen d'Unerkennung als offiziell europäesch Sprooch (nët Aarbechtssprooch) ze verschaffen. Si hat och dowéint un d'Présidentin vun der Châmber an un de President vun der Regirung geschriwwen.

Hei wat doriwwer den 19.10.1992 op RTL Lëtzebuerg Emissioun – M. Raus – „Op ee Wuert“ ze héiere war:

Dat zweet Schreiwas as nach méi laang a riicht sech u Bréissel, den Nuebel vun Europa, wou endlech an eemol fir émmer eis Sprooch, d'Lëtzebuergesch, nët ieren dat Portugiesesch, nët eleng als eis, mee direkt och wéi eng vun denen offiziell an Europa geschwate Sproochen unerkannt an erkannt misst gin. Biede mer elo, wann ech glift, alleguer ganz haart a beknéie mer den Herrgott vun alle Sproochen, datt dat Schreiwas zu Bréissel énner den Eurokraten nët un déi falsch Adress geréit. Wann ieren d'Kommissioun an hirer Apperschaافت, eent an alles ze regelen an Allignementer festzeleën, an deem wat eis Unio'n do schreift offiziell sou eppes wéi Lëtzebuergesch erkennt an der Unio'n hir Schreibweis och nach unerkennt, an een esou seet fir émmer festschreiw, dann as et nämlech geschwënn fir émmer ém eis Sprooch gedoen, da si mer ém eist Lëtzebuergesch bedrun. Mee déi Kommissioun, si as jo nët méi domm wéi de Gebrauch, hat bestëmmt, ech sin es sécher, huerteg erausfont an duurckuckt, dat wat er do aus dem Grand-Duché u Kloen a Fuerderungen ém Unerkennung yum Lëtzebuergesch als eng vun den offiziell geschwaten a geschriwwene Sproochen op den Dësch geflattert koum. Dat kann dach beim beschte Wëllen a Wëssen an énner kengen Émstänn Lëtzebuergesch sin, oder, wéi wir et soss méiglech, datt eiser een Eurokrat en Drëttel, wann nët esouguer glat d'Halschent vun alle Wiirder an deem Text ouni Krämpes versteet, datt ee sech vun de Sätz hier, a

wéi se gebaut sin, glat un déi eige Sprooch erënnert fillt, an datt Begrëffer an Ausdrocksweis all Fransous, all Englänner, all Preiss, all Italiener a wie weess esouguer de Portugiesen erofgeet wéi Zockerwaasser.

Wat nun? D'Lëtzebuerg selwer oder wat sech duerfir ausgët hun esou hir Malaisen, der, wéi heescht se scho méi? a jo d'Unio'n, deer Unio'n hürt Geschreifs also op den éischte Siess ze buschtawéieren. Géint wat résistéiert déi Zort vu Resistenzorganisatioun iwverhaapt? Wat hu mir hei bei der Kommissioun zu Bréissel um Enn mat Resistzenzen ze dongen? An zénter wéini gët d'Resistenz sech mat Sprooch of? Huet déi náischt besseres ze dongen oder wouvun se eppes méi versteet? Wa mir aner schon, déi dagaus, dagan eisen eurokratesche Kauderwelsch musse schwätzen a schreiwen, deen Text do vu Lëtzebuerg e spurestreechs kapéieren, wat der Jomer soll dann um Lëtzebuergeschen als Sprooch esou extra, esou typesch, esou eige sin, datt mir hei vu Bréissel erof dem Kéipche Queeschkäpp de Gefale sollen dongen, hinnen eng sproochpolitesch Extrawurscht ze broden.

Also wann déi Zort do nët esou séier wéi méiglech weisen, beweisen, am beschten natürlech virschwätsen an ausschreiwen, wéi onverwiesselbar hinnen de Schniewel gewues as, da soll een eis, wann ech glift, mat deem Gejéimers a Kregéils endlech zefridde loessen, oder se gi Léiergeld, well mer hu schlisslech hei zu Bréissel, wou nët emol déi Belsch selwer wësse wat hir richteg Sprooch as, schon allen Hänn voll ze dongen, eng Unioun vun Europa ronn ze kréien. Dogéint gët et fir eise Goût scho Resistenz genuch. Mir hu keng Zäit a keng Loscht, eis nach mat Lëtzebuerg Uniéinercher erëmzeklappen, déi náischt méi fanne, géint dat sech kamout resistéiere léissit, an déi sech dofir als Sproochmatassen opspillen.

D'Unio'n huet émmer vill Entgéintkommes fond. Si as och mat ville Froe konfrontéiert gin: Fir wat d'Resistenzler nom Krich nach Aktivitéiten developpéiert hun, fir wat se esou vill Blummen dorëmmer néierleën, fir wat se sech ém Saache këmmeren, déi náischt mat deem ze din hun, fir dat se sech am Krich agesat hun, wat si animéiert huet.

D'Äntwerten duerop waren am Fong einfach, de Leit, déi d'Okkupatioun nët materliest haten an doheem, an der Schoul oder soss enzwousch náischt dovun erzielt kritt haten, awer verständlech ze maaichen, war dann nët méi esou einfach.

* * *

D'Resistenz huet hiirt Bescht gemeet, am Krich, a vun der Libératioun bis elo. Hire Bilan as positiv.

D'Reie vun de Resistenzler gin émmer méi dënn. Nët méi laang as d'Krafft do, fir d'Vermiechtnes vun der Okkupatiounszäit selwer weider ze gin.

D'Resistenzler hu virgesuergt; si hun d'FONARES, d'National Fondatioun vun der Resistenz geschaf, fir sécher ze sin, datt d'Erënnerung un déi uergsten, awer och heroeschst Period un eiser Geschicht waach gehal bleift, am Interesse vun eiser Fräiheit, dem Wuel vum Land, dem Respekt vun de Mënscherechter an dem Fridden. D'Unio'n huet matgeholf dës Fondatioun grënnen, deer hire Verwaltungsrat vum Staatsminister

présideiert get. D Resistenz an d'Regirung droen zesummen d'Verantwortung vun der Aarbecht vun der FONARES, déi a kuurzer Zäit némmen nach déi vun der Regirung wäert sin, a Collaboratioun mat de Kanner an de Kandskanner vun de Resistenzler.

* * *

Am Laf vun der Geschicht waren émmer Länner do, déi Här iwver Lëtzebuerg wollte sin.

Lëtzebuerg as en onofhängegt, fräit Land gin.

Dat awer huet Nazidäitschland nüt gestéiert, eisem Land séng Selbstännegkeet a séng Identitéit brutal a mäerderesh wëllen ze huelen.

Mat der Devise „Lëtzebuerg de Lëtzebuerger“ huet d'Resistenz am Krich den Naziokkupant ugeklot, sech un engem Territoire vergraff ze hun, deen en näischt ugaang as. D'Lëtzebuerger hun och esou ze verstoe gin, datt si sech nüt géiwe gin, bis si erëm Meeschter vun hirem Land wiren a jidderengem dobaussen, egal wiem, signaléiert, séng Fangere vu Lëtzebuerg ze loessen.

D'UNIO'N as skandaliséiert, datt haut d'Devise „Lëtzebuerg de Lëtzebuerger“ vu Rietsexremisten, mat Héllef vun naiven Ultranationalisten, zou engem Propagandaslogan degradéiert, aus sengem Kader gerappt an dervun abuséiert gët fir Friemenhaass ze predigen a Lëtzebuerg, mat enger „neier Uerdnung“, „stoulz“ an en neit bringt Verdierwen ze féieren.

* * *

D'UNIO'N hat am ganze Land Lokal- a Regionalsektiounen. Haut gët alles vum Generalsekretariat an der Stad aus dirigéiert, ausser der Musel-Sauer-Sektion an der Relève, déi Kanner a Kannskanner vu Resistenzler reggruppéiert. D'Mémberszel as am Laf vun de Joeren op eng 600 geschrompt.

D'Unio'n huet a villen nationalen an internationale Gremien a Kommissiounen matgeschafft. Besonnesch war d'Unio'n, vun der Liberatioun un, mat der Oeuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte verbonn, an deer se haut nach vertratt as.

Vun den aktuelle Mémberschaften, dorënner auslännesch Mënscherechtsorganisatiounen, as speziell de Mouvement Européen ze ernimmen.

Am Comité vun der UNIO'N deem säi Mandat bis Mëtt 1995 geet, sin:

Nationalcomité:

A. OSCH, President, R. LINSTER, Del. President, L. BARTIMES, A. BIVER, J. BRAUN, J. ENTRINGER, J. KIRPACH, A. LUCAS, G. LUTZ, J.-P. MULLER, P. NEUBERG, A. PAULUS, N. RENCKENS, M. SCHAFFNER, R. SCHMIT, F. THORN

Actioncomité:

A. OSCH, R. LINSTER, J. ENTRINGER, J. KIRPACH, A. LUCAS, J.-P. MULLER, P. NEUBERG, M. SCHAFFNER

Éierecomité:

L. BOLLENDORFF, R. CARMES, L. DURY, A. HOMMEL, L. HUSS, A. STEIWER

Keesreviseuren:

P. ALFF, M. CHENNAUX, E. GILLEN

Musel-Sauer-Sektion: J. ENTRINGER, President

Relève: A. BIVER, President



D'Groussherzogin CHARLOTTE war an as de Symbol vun der Afferbereetschaft, vum Asaz fir eng gerecht Cause, vun der Hemechtléift.

Hautdesdags, wou muneches net méi de richtege Wee geet, wou déi héich Wäerter, déi fir d'Weiderbestoe vun den Natioune bluttnoutwendeg sin, émmer méi fleete gin, wou ze laang nogekuckt gët wa Leit des Hongers stierwen, Mënscherechter mat Féiss getréppelt gin, Nostalgiker an Hitleradepten d'Idi vun enger neier bronner Uerdnung propagéieren, falsche Patriotismus gepriedegt gët, wou Ultranationalisten sech mat Rietsexremiste verbanne fir d'Vereenegung vun Europa ze hannerdreiwen, kann e Land sech glécklech schazen, e Symbol wéi d'Groussherzogin CHARLOTTE ze hun, wou sech ugepaakt, un deem sech orientéiert ka gin.

(aus der Usprooch vum R. Linster, bei Geleënheet vum Opstelle vun engem Büst vun der Groussherzogin Charlotte am Nationale Musée vun der Resistenz zu Esch, den 9.11.1993)

Dous Charlotte,
par la grâce de Dieu,
Grande-Duchesse de Luxembourg,
Duchesse de Nassau,
etc., etc., etc.

Sur la proposition de Notre Ministre de la Force Armée et après délibération du Gouvernement en Conseil;

Avons trouvé bon et entendu
de conférer la Croix de Guerre 1940 - 1945 à l'Union des Mouvements de Résistance Luxembourgeois.

Notre Ministre de la Force Armée est chargé de l'exécution du présent arrêté.

Château de Fischbach, le 20 mai 1950.

Le Ministre de la Force Armée,






Letzeburg, den 30. November 1944

d'Miliz aus der Stâd huet folgend Sâchen un t'Veianermiliz geliwert:

6 Parteimantel
1 Rénmantel
9 puer Wehrmachtsstiwelen
1 puer Schong
24 Hiemer
12 Calcoen
6 Tricoen
5 puer Strömp
4 Nueschschnappecher
2 mill Zigaretten
7 wöllen Decken
2 Pulloveren
3o ltr Benzin
3 puer Stre'iwerschong
6 puer Liederwerschong




2. folgend Waffen a Munitio'n

1 Granatwerfer matt Munitio'n
4 Maschinegewiere matt Munitio'n
250 Handgranaten
2 Köschten matt No'tverband
eng mass M.G.Munitio'n
M.P. Munitio'n
Carabinermunitio'n



Liedel

Fir onsen adopte'erte kanner hir
spuerbicher.



Entwurf am prisong zu Siegburg 1943.



Pupillen nom Iwwerreeche vun de Spuerbicher



*Uechtert d'ganzt Land huet
d'UNIO'N nom Krich allen
Affer vun der
Naziënnerdréckong geduecht, an
eegenen Zeremonien, mat de
Lokalveräiner, mat Ons Jongen*

Bo' neweg
de 27. Mé 1945

*Gediechtnesfeier
fir ons onschölleg Victimen
aus dem Weltkrieg 1940-45*

*

Em 9 Auer: Feierlech Ho'mass
op der öffentlécher Plaatz am Park

durno, uschle'ssend:
Trauerfeier um Kirfech
beim Monument 1914-18

*

Organiséert vun der «UNIO'N, Sectio'n Bo'newég»
mat Hölf vun de Vereiner an den Awunner vu Bo'newég

UNIO'N
KANTON VEIANEN
A LIGUE
„ONS JONGEN“
VEIANEN

DREKEREI J.-P. MEYER, LETZEBURG



*Héige Besuch bái der UNIO'N
(Generol Leclerc)*



Op Besuch zou Paräis



*Mat derbäi den Albert
Guérisse U.I.R.D.-
President*



Auslännesch Frënn kuurz nom Krich



an de Frënd Simon Wiesenthal eng gudd Partie Joëren duerno



*Duurch hiren Doud liewt
Lëtzebuerg*



*An der Krypta vun der
Kathedral, wou
d'Groussherzogin Charlotte an
de Prënz Felix hir lescht Rou font
hun*






*D'international Resistenz zou
Lëtzebuerg*






*Inauguration vun der „Allée vun de UNIO’N“
an der „Allée vun de Resistenzler an den Deportéierten“ an der Stad*



Eng Promotioun vun der Croix vun der UNIO’N





D'Groussherzogin Charlotte huet d'Buch vum 40. Joersdag vun der UNIO'N iwwerreecht krit



De Groussherzog Jean as mat der Croix vun der UNIO'N geéiert gin

Fir eis Fräiheit hu si hiirt Liewe gin





E Museldag ...



... a soss ännerwee am Land

